



Merci, dann ass dat esou decidéiert.

#### 4. Ordre du jour

De Projet d'ordre du jour, wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloe ginn ass, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass och dat esou decidéiert.

An dann hunn ech d'Demande vum Här Alex Bodry, fir am Numm vun der Reglementskommissioun, wann ech mech net iren,...

**(Interruption)**

...vun der Conférence des Présidents e Projet de résolution ze deponéieren.

#### 5. Dépôt d'une résolution par M. Alex Bodry

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Merci, Här President. Dat heiten ass d'Suite vun där Modifikation vun eise Reglement vun der Chamber, déi mer viru Kuerzem hei gestëmmt hunn, wou mer jo de Prinzip festgehalen hunn, dass all Joers den zweeten Dëschdeg am Oktober d'Chamber zesummekënnt fir eng nei Sessioun. Mir hunn awer och d'Méiglechkeet virgesinn, dass op Virschlag vun der Conférence des Présidents d'Chamber iwwer eng Resolution kann decidéieren, dat net ze maachen.

Mir waren alleguerten eestëmmeg der Meinung an der Conférence des Présidents, dass elo, mat deene Wahlen vum 14. Oktober dëst Joer, et net vill Sënn géif maachen, fir sech hei den Dëschdeg virum Wahlsonndeg a feierlecher Ouverture vun der Sessioun ze begéinen.

Duerfir géife mer hei proposéieren, dass mer vun där Méiglechkeet vum Reglement elo Gebrauch maachen an als Chamber géifen decidéieren, dass mer elo net den 9. Oktober um hallwer dräi géifen zesummekommen, mä dass u sech natierlech dann déi aktuell Chamber nach weider a Funktioun bleift bis zu de Wahlen an, wann eng Necessitéit besteet, natierlech kann zesummekommen, mä dass mer awer déi Eröffnungssitzung, dat heescht, dass mer d'Session de clôture vun der lafender ordinärer Sessioun an d'Ouverture vun där nächster Sessioun elo net géifen den 9. Oktober virhuelen. An deem Sënn ass en Text verfaasst ginn an ass duerch d'Conférence des Présidents gaangen, an deem géif ech lech bieden, dann och hei zouzestëmmen am Laf vun dësen Diskussiounen.

Merci.

#### Résolution

- Vu l'article 72 (1) de la Constitution;

- vu l'article 1<sup>er</sup> (2) du Règlement de la Chambre des Députés;

- considérant que les élections nationales auront lieu le dimanche 14 octobre 2018;

- considérant que la rentrée parlementaire aurait normalement lieu le deuxième mardi du mois d'octobre, c'est-à-dire, le 9 octobre 2018;

- considérant que cette séance de la Chambre des Députés serait de pure forme;

- considérant que la Chambre des Députés conserve la faculté de siéger en cas de besoin;

- considérant la proposition de la Conférence des Présidents du 21 juin 2018;

la Chambre des Députés

décide de ne pas se réunir en session ordinaire le 9 octobre 2018 à 14.30 heures.

(s.) Alex Bodry.

#### 6. Ordre du jour (suite)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Bodry. Ech gesinn, mir sinn eigentlech esou gutt besat, dass mer vläicht direkt déi Diskussioun kënne féieren, wann d'Chamber do dermat d'accord ass.

**(Assentiment)**

Merci.

#### 7. Résolution de M. Alex Bodry relative à la décision de ne pas siéger en session ordinaire le 9 octobre 2018 à 14.30 heures

Da wollt ech froen, ob et dozou Wuertmeldung gëtt?

Den Här Bodry war an der Presentatioun also esou kloer, dass mer kënne iwwert d'Resolutioun ofstëmmen.

Kënne mer do per Handophiewen ofstëmmen?

**(Assentiment)**

#### Vote sur la résolution

Wien derfir ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Unanimité! Villmools Merci. Dann ass d'Resolutioun ugeholl an da maache mer dat esou.

Dann zum nächste Projet: de Projet 7181, wou et ëm den Ausbau vu Kompetenzzentren am Schoulberäich geet fir Kanner mat spezifische Besoinen. An de Rapporteur, den Här Lex Delles, huet d'Wuert.

#### 8. 7181 - Projet de loi portant création de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire et modification de

##### 1° la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

##### 2° la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers

##### Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Merci villmools, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, eng École pour tous, ech mengen, mir sinn eis heibannen alleguerten eens, dass dat d'Zil muss sinn: eng Schoul, déi oppe muss si fir jiddwer Kand, all Schüler a Schülerin eng Chance bitt, si encadréiert a si férdert. Mir brauchen eng Schoullandschaft, déi net nëmmen d'Stärken, d'Schwächen an déi individuell Besoinen vun eise Kanner erkennt, mä se muss konkret op dës agoen a wa méiglech hëllefen, se ze iwwerwannen.

Wa mir haut iwwert d'Centres de compétences schwätzen, da geet et ëm Kanner, déi sech hiren Handicap, hir Verhalensopfällegekten, hir punktuell Defiziter doudsécher net selwer erausgesicht hunn. Et ass duerfir am Sënn vun der Chancégläichheet a virun allem am Sënn vun der Chancégerechtegkeet, dass mir deene Kanner op eng differenziéiert Manéier, méi inklusiv Manéier hëllefen.

Ech erënnere mech do un eng Metapher, déi et am Fong op de Punkt bréngt: D'Schoul huet net d'Aufgab, jiddwerengem en Apel ze plécken, mä d'Schoul huet d'Aufgab, och deem Klengsten eng Leeder dohinnerzestellen, fir dass hie sech selwer kann deen Apel plécken.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Genau dorëms geet et: jiddwerengem déi Hëllefstellung ze ginn, déi e brauch, fir ze reusséieren.

Et si knapps 100 Joer hier, du war dat nach net de Fall. D'Schoulgesetz vum 1881 an 1912 hunn d'Kanner mat engem physischen Handicap vun der Schoul fräigestallt. D'Kanner mat engem mentalen Handicap hunn eréischt guer net dierfen an d'Schoul goen. Eréischt d'Gesetz vum 1973 iwwert d'Schafe vun der Éducation différenciée huet dësen trauregen Zoustand behuewen. Dëst Gesetz kann een duerfir ouni Zweifel als Meilesten vun der Prise en charge vun de Kanner mat spezifische Besoinen bezeichnen.

D'Kanner sinn zu där Zäit an de regionalen Zentre vun der Ediff respektiv a speziellen Instituter encadréiert ginn. Aus haiteger Siicht also wéineg inklusiv.

D'Gesetz vum 1994 iwwert d'Intégration scolaire huet de Schüler du schlussendlech och d'Recht ginn, fir un de reguläre Schoulcoursen deelzehuelen. Och dat war ee wesentleche Progress.

Här President, den Esprit vun dësem Gesetzesprojet ass u sech, net nëmmen d'Recht op Bildung an op d'Inklusioun ze stäerken, mä virun allem och ee Recht op eng Formatioun anzeféieren. Dëse Volet ass nämlech bei de viereg ugeschwate Gesetzer vernolëssegt ginn. Och gëtt sech d'Éducation nationale mat dësem Text d'Moyenen, fir spezialiséiert Pädagogen, fir Spezialisten op den Terrain ze schécken.

Dat kléngt u sech selbstverständlech, mä ass et awer net. Ausser dem Centre de logopédie, deen iwwer en eegent Gesetz geregelt ass, waren déi aner Zentre vun der Ediff censéiert, ouni spezifesch Fachpersonal auszekommen.

Dat wëllt natierlech op kee Fall heeschen, dass do keng gutt Aarbecht geleescht ginn ass. Am Géigendeel! Mä et brauch een nun emol fir spezifesch Besoinen och spezifesch Personal,

dat op eng méi fachgerecht Manéier den Apprentissage vun deene Schüler ugeet an deen ënnerstëtzt. Wann also et fréier éischter drëm gaangen ass, déi betraffe Schüler ze betreien, ze soignéieren an ze protegéieren, maache mer elo e Paradigmewissel. De Fokus réckelt elo wierklech a Richtung Apprentissage vun de Kanner a Jugendlechen.

Här President, d'Prise en charge vu Kanner mat spezifische Besoinen fousst zu Lëtzebuerg op zwee wichtege Grondprinzipien, déi eis par rapport zu eisen Nopeschlänner ënnerscheeden. Et si Prinzipien, déi sech iwwert déi lescht Jore bewäert hunn an un déi dëst neit Gesetz och net fréckele geet.

Éischtens gëtt zu Lëtzebuerg am Prinzip all Kand mat engem sonderpädagogesche Förderbedarf als scolarisabel ugesinn. Virun net allze laanger Zäit war dat, wéi gesot, nach net de Fall. Zweetens ginn dës Kanner an der Regel och am reguläre Schoulbetrieb enseignéiert, et sief dann, d'Eltere géifen dat anescht entschueden. De reguläre Schoulbetrieb, déi inklusiv Approche ass also d'Regel an net d'Ausnam. Dat ass wichteg ze betounen.

Trotz dem Schafe vu Kompetenzzentre gëtt awer och um Subsidiaritätsprinzip festgehalen. Et geet also net drëms, deen een Enseignant duerch en aneren ze ersetzen, mä éischter en ze ënnerstëtzen. D'Schüler, déi vun engem Centre de compétences gehollef kréien, bleiwen och weiderhin, an dat ass en Novum, an enger regulärer Schoul ageschriwwen. Dat ass och e wichtegt Zeechen no bausen.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech kommen dann elo zu den eigentleche Centres de compétences, zu hire Missiounen an zu hire Funktionsweis.

Dëse Projet de loi schafft am Ganzen aacht nationale Kompetenzzentren. Dovunner fousse fënnf Stéck op scho besteende Strukturen an et kommen deemno dräi neier derbäi.

Ech ziele se eng Kéier kuerz op. De Centre de logopédie gëtt an de Centre pour le développement des compétences langagières, auditives et communicatives integréiert. Den Institut pour déficients visuels gëtt an de Centre pour le développement des compétences relatives à la vue integréiert. Den Institut pour infirmes cérébraux kënnt an de Centre pour le développement moteur et corporel. D'Centres vun der Éducation différenciée ginn an de Centre pour le développement intellectuel integréiert, an den Institut pour enfants autistiques et psychotiques gëtt an de Centre pour le développement des enfants et des jeunes présentant un trouble du spectre de l'autisme integréiert.

Et ass a mengen Ae wichteg, ze betounen, dass bei dësen nationale Kompetenzzentren net just eng aner Etikett dropgepecht gëtt. Et kënnt zu engem Paradigmewissel an der pädagogescher Approche. Déi jeeweileg Zentre kréien eng pädagogesch Autonomie zougesprach. Si iwwerhuelen a Zukunft méi Aufgaben a kréien duerfir och méi Ressourcen.

Dat zu deene besteende Strukturen. Da kommen der awer, wéi gesot, dräi neier derbäi. Dat sinn eng Kéier de Centre pour le développement socio-émotionnel, de Centre pour le développement des apprentissages an de Centre du suivi des enfants et jeunes intellectuellement précoce. Et huet ee festgestallt, dass ee grad fir dës Schüler, also Schüler mat Verhalensopfällegekten, mat spezifische Léierschwieregkeeten oder héich begaabte Schüler, net déi néideg Ressourcen huet. Oft goufen zum Beispill Kanner mat Verhalensschwierigkeeten an d'Ausland geschéckt. De Problem war, dass een do ganz oft net deen néidege Suivi hat. Dat erschwéiert dann natierlech eng spéider Reintegratioun an eise Schoulsystem.

Och d'Schüler mat spezifische Léierschwierigkeeten konnten dacks net wéinst hire klengen Defiziter am reguläre Cours nokommen. Ech denken do virun allem un d'„Dysen“: Dyslexie, Dyscalculie, Dysphasie. Et huet bis ewell einfach un enger fachgerechter Prise en charge an u Ressourcë gefeelt, déi op de spezifische Problem konnten agoen.

Op d'Besoinen vu Schüler mat engem iwwerdurchschnittlechen IQ, vun héich begaabte Kanner also, ass bis ewell bal nach guer net agaange ginn. Dobäi brauchen och dës Kanner ee spezifesch Encadrement an eng adequat Förderung. Den Enseignant war bis elo ganz oft eleng gelooss ginn.

Déi nationale Kompetenzzentre sollen am Réseau verschaffen, vernetzt also. Et gëtt duerfir e Collège des directeurs an d'Liewe geruff, an deem ënner anerem déi jeeweileg Direkteren a Sous-Direkteren vun de Kompetenzzentren drasetzen. Dëse Collège soll fir déi néideg Zesummenaarbecht a fir regelméisseg Echangeën tëschent deene verschiddene Centre-de-compétence suergen.

Här President, ech kommen elo zu deenen eenzelne Missiounen vun de Centres de compétences. Am Gesetz sinn där eng ganz Rëtsch virgesinn. Ech wëllt se gären a verschidde Käerberäicher ënnerdeelen. Um Niveau vun der Prise en charge vun de Schüler stiechen natierlech eng fréizäiteg Hëllef an ee systemateschen Depistage vun deene jeeweilege Kompetenzcentren ervir. Si loosse duerno ee sougenannten Diagnostique spécialisé ausschaffen. Ech kommen duerno nach eng Kéier op deen zréck.

Si schaffe fir déi concernéiert Kanner a Jugendleche ee Plan éducatif individualisé aus an assuméieren de Suivi dovunner. Jee no spezifischem Besoin vun de Kanner intervenéieren si entweder ambuland oder kënnen een differenziéierten Unterrecht an den Zentren ofhalen. Ech kommen duerno, wéi gesot, nach eemol op déi genau Prozedur vun der Prise en charge ze schwätzen.

Um Niveau vun den Eltere geet et virun allem ëm Informéieren, Conseilléieren a Sensibiliséieren. Déi nationale Centres de compétences sollen an hirem jeeweilege Kompetenzberäich een direkten USPriechpartner sinn an hinnen op méiglech Froen eng Äntwert ginn. Si schaffen och mat de Schoulen zesammen, sief dat an de Grondschoulen oder de Lycéeen. Si suivéieren déi wëssenschaftlech Evolutiounen an deenen eenzelne Beräicher a beroden doropshin d'Regierung. Schlussendlech solle si och d'Mise en réseau, also d'Vernetze vun deenen ënnerschiddlechen Offeren an Intervenanten am Beräich vun der Psychopädagogie, féerden.

Här President, ech kommen elo bei de genauen Oflaf vun deem Diagnostik an der Prise en charge vun den nationale Kompetenzzentren. Hei spilt déi nei national Inklusiounskommission eng entscheidend Roll. D'Commission nationale d'inclusion oder kuerz CNI genannt ersetzt d'Commission médico-psycho-pédagogique nationale.

An dëser CNI sinn ënnerschiddlech Profiller vernetzt. Dat geet vun engem Vertrieeder vum Minister als President, engem Psycholog, engem Assistant social, engem Psychiatre, deen an der Pédiatrie spezialiséiert ass, engem Vertrieeder vum ONE, Vertrieeder vun deene betraffene Minister bis hin zum President vum Collège des directeurs vun de Centres de compétences. Dës Leit sinn d'office an der CNI an hunn en deliberatiivt Stëmmrecht.

Derbäi kënnt dann nach ee Vertrieeder vum Elterecomité, den Direkter vum betraffene Centre de compétences an deemno, ob iwwer e Kand aus dem Fondamental oder Secondaire deliberéiert gëtt, de President vun der regionaler Commission d'inclusion, de lokalen IEBs an ee Vertrieeder vun der Équipe de soutien oder de President vun der Inklusiounskommission aus dem Lycée an ee Vertrieeder vum Service psycho-social et d'accompagnement scolaire, falls dee Jugendlechen e Lycéesschüler ass. Et ass also eng multidisziplinäresch Equipp, déi souwuel aus Leit besteet, déi aus dem éducativen ewéi och medezinnesche Beräich kommen. Virun allem sinn awer och Leit dran, déi spezialiséiert sinn an déi déi betraffe Kanner a Jugendlechen kennen.

Wat mécht déi CNI dann elo genee? D'CNI gëtt u sech d'Referenzautoritéit fir déi Professionell, d'Institutionen an d'Elteren. Si gëtt mat allen Demanden fir eng spezialiséiert Interventioun vun den Zentre betraut. D'Demanden kënnen entweder vun den Elteren oder groussjärege Schüler selwer oder vun enger Commission d'inclusion kommen. Wann d'Elteren hiren Accord ginn, kann d'Demande fir eng Prise en charge och vun Organisme kommen, déi am sozialen, familiären an therapeutischen Beräich tätig sinn. Och huet de Médecin traitant vun de Jugendlechen d'Méiglechkeet, d'CNI mat enger motivéierter Demande ze saiséieren.

Opgrund vun engem Dossier iwwert de betraffene Schüler oder Jugendlechen entscheet d'CNI dann, ob si en nationale Kompetenzzentrum mat engem sougenannten Diagnostique spécialisé chargéieren. Dësen Diagnostik ënnerläit der Verantwortung vun de jeeweilege Centres de compétences a fousst op deenen ënnerschiddleche Rapporten a Bilanen iwwert déi speziell Besoinen vun Schüler, seng Entwécklung an déi virgeschloe Moossnamen.

D'CNI iwwerpréift doropshin nach eng Kéier den Dossier a schléit Mesurén vir. Dës Mesurén kënnen allerdéngs just mam Accord vun den Elteren ëmgasert ginn. Si behalen also ëmmer dat lescht Wuert.

Ëmmer, wann et fir néideg empfongt gëtt, kann d'CNI déi nationale Kompetenzzentren op en Neits domat beoptragen, fir ze kucken, ob déi getraffen Entscheidungen nach sënnavoll si





fir déi Eenzel oder ob ee muss eppes un der Prise en charge änneren. D'Intervention spécialisée ambulatoire oder den Enseignement an engem Centre hält en Enn op Proposition vum deem nationale Kompetenzzenter a wann de Conseil de classe an d'CNI domadder averstane sinn.

Esou wäit zu der Prozedur. Ech verweisen do gären op mäi schrëftleche Rapport, wou déi eenzel Etappen nach eng Kéier genee drastinn.

Här President, nieft deenen aacht nationale Kompetenzzentre gëtt awer och nach eng Agence de transition à la vie active geschafen. Dës Agence koordinéiert d'Aarbecht vum den Zentren, fir déi Jugendlech op den Aarbechtsmaart virzebereeden. D'Agence ass zoustänneg, fir de Jugendlechen den Accès op den Aarbechtsmaart ze erliichten oder hinnen ze hëllefen, an engem Atelier protégé ënnerzkommen. Dat hänkt eben ëmmer vum den individuellen Situatiounen of. Déi Jonk selwer ewéi och hir Elteren an d'Patrone gi vum der Agence beroden an accompagnéiert.

D'Agence ass souzesoen den Uspriechpartner fir alles, wat dat spéidert Liewe vum de Jugendlechen ugeet. Si schaaft u sech eng Bréck, e wichtegt Stéck tëschent de Centren an den zukünftegen Etappen am Liewe vum deene Jugendlechen.

Här President, ech sinn esou lues beim Schluss vu mengem Rapport ukomm. A wéi ech gesinn, d'Zäit erlaabt mer et net, bis op deen allerleschten Detail anzegoen. Der wëllt duerfir gäre fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport verweisen.

Ech wëll awer nach am Numm vum der Educationskommission vum deene villen interessanten Avise Merci soen, déi zu dësem Projet de loi erakomm sinn. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Rapporteur. An éischt agedroe Riednerin ass d'Madamm Martine Mergen fir d'CSV.

#### Discussion générale

► **Mme Martine Mergen** (CSV).- Här President, Dir Damm an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Lex Delles villmoos Merci soen, am Numm vum onser Fraktioun, fir säin ausféierleche schrëftlechen a mündleche Rapport, grad ewéi der Equipp vum Ministère, déi an de Sëtzunge vum der Kommissioun eng ganz Rei Erklärungen ginn hunn zu engem komplexe Projet, engem Projet, deen ausserdeem a Relatioun muss gesat gi mat enger Rei anere Gesetzer, déi och de près ou de loin mam Sujet ze dinn hunn: d'Gesetz vum 2017 iwwert de Fondamental, sief et awer och d'Gesetz iwwert d'Mediation.

Mir bedauern e bëssen, dass mer während den Aarbechten an der Kommissioun net méi op den Terrain konnte goen, fir d'Aarbecht vum den elo existéierende Strukturen besser kennenzeléieren a fir d'Plus-value vum deem haitege Gesetz am Detail a Pathologie fir Pathologie ze erfassen. Mä et ass ons gesot ginn, dass et presséiert. Dat ass schued!

Wa mer iwwer gläich Chancé schwätzen, da si mer ons bewosst, dass all kleng Mënsch, deen op d'Welt kënnt, net déiselwecht Chancé vu sech aus matbréngt. Betreffen Eltere mussen fir d'Éischt emol dee Schock verkraaften, wa se erausfannen, dass hiert Kand anescht ass. Da setze se alles drun, dee beschte Wee ze fannen, dass et eng glécklech Kandheet a Jugend verbréngt, dass et esou wäit wéi méiglech eng Ausbildung ka kréien an dass et herno autonom ka liewen. Dëst ass natierlech eng Kuerzfaassung, e Résumé, eng Generaliséierung, mä déi Besonnerheet vum hirem Kand wäert hire weidere Liewenswee net nëmme begleeten, ma och bestëmmen. Koppele falen ausenaner, Mamm ginn hire Beruff op, an et besteet ëmmer am Hannergrond déi grouss Angscht, déi grouss Fro, déi si sech stellen: Wat gëtt mat mengem Kand, wann ech net méi do sinn?

Dofir mussen mir als Gesellschaft mat dëse Kanner a mat den Elteren eng grouss Solidaritéit weisen. Mir müssen alles drusetzen, dass si en normaalt Liewe kënne féieren an dass si all en Deel vum dëser Gesellschaft kënne ginn. Dat heescht fir ons „Inklusioun“.

Natierlech gëtt et ënnert der Terminologie „spezifesch Besoinen“ eng grouss Panoplie vu Pathologien, grouss Ennerscheeder an der Beeinträchtigung vum deegleche Liewen, grouss Ennerscheeder och an der Aart a Weis, wéi esou eng Education an och eng Inklusioun kënne geschéien.

Am Exposé des motifs fanne mer en interessanten histoiresche Réckbléck, wéi onst Land iwwer Zäite mat Behënnerungen a mat der Scolaritéit ëmgaangen ass a wéi d'Offer sech hei bei ons entwéckelt huet. Effektiv huet dat alles laang gebraucht bis haut - a vläicht nach virun. Et gëtt keng einfach Antwort op déi komplex Entreprise an d'Offer muss sech dofir den individuellen Demandé kënne upassen.

E grouse Fortschritt war d'UNO-Konvention vum 2006 iwwert d'Rechter vum de Behënneren, déi Lëtzebuerg am Joer 2011 ënnerschriwwen huet. Heimat hu mer ons verflucht, dës Inklusioun och duerchezéien. Vun elo u schwätze mer net méi vum einfacher Integration, mä vum Inklusioun. De Conseil d'État huet a sengem Avis den Ennerscheid tëschent Inklusioun an Integratioun exzellent beschriwwen.

Et geet drëm, dass d'Kanner, wa mer elo bei der Inklusioun an der Education bleiwen, net nëmme raimlech an enger Schoul kënne zesumme sinn, mä et geet och ëm d'Adaptatioun vum hirer Prise en charge oder „Beschoulung“, wéi d'Enseignanté sech ausdrécken, dat duerch Methoden a spezifesch Programmer, déi sollen Obstakelen aus dem Wee raumen, fir de Besoin gerecht ze ginn am Hëllef op eng voll Participatioun an alle Beräicher.

De Meritt vum Educationminister läit doran, dass en de Sujet emol erëm eemol attackéiert. De Conseil d'État interpretéiert da weider, dass d'Gesetz souwuel dëser Konvention wéi och der Kannerrechtskonvention, déi mer am Joer 1993 an nationaalt Recht ëmgesat hunn, gerecht gëtt. Dat ass awer net d'Meenung vum Conseil supérieur des personnes handicapées, mä op dës Diskussioun kommen ech herno nach eemol zréck.

Ech géif elo wëlle fir d'Éischt déi positiv Aspekter vum Projet eraussträichen.

Am wichtigste schéngt mer ze sinn, dass déi nei Centre-de-compétencé mat hire Strukturen net nëmme d'Mission hunn, hir Kanner op déi einfach Akte vum deegleche Liewen ze preparéieren a si ze schützen, mä och fir hinnen eng Schoulausbildung ze ginn. Dat ass elo net iwwerall de Fall. An enger Rei Strukturen gëtt et de Moment iwwerhaupt kee Léierpersonal.

Positiv ass och, dass esou vill an d'Centres de compétences investéiert soll ginn, souwuel wat d'Strukturen ubelaangt wéi och beim Personal. Den Här Delles huet et scho beschriwwen: 150 Instituteurs spécialisés op lokalem Plang, déi d'Schoule solle berode bei der Prise en charge vu schoulesche Schwierigkeeten; 56 nei Poste bei de SePAS - fréier SPOS - an de Lycéeen; 127 an en hallwen, hunn ech gelies, Poste fir d'Centre-de-compétencen. Dat sinn d'Spezialisten, déi an deem Fach, mat deem se betraff sinn, ausgebild sinn.

Mir froen ons just: Wou sollen déi Leit all hierkommen, wann ee weess, dass mer schon haut eng Penurie hu beim Léierpersonal?

Dee Schema, deen huet den Här Delles schon duergestallt, de Schema, wéi dat soll lokal, regional, national vu sech goen: lokal Betreuung duerch d'Schoul- an d'Sonderschoulpersonal, déi I-EBSen, op regionalem Niveau gëtt d'Direction régionale, de SREA, ersat duerch d'Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers et spécifiques. Dat sinn déi sougenannten ESEBen. Ech hunn eng Zäit gebraucht, fir mech mam Jargon ze familiariséieren, ech ginn et zou. A schlisslech op nationalem Plang, wou d'Leit vum de Centre-de-compétencé fir hir spezifesch Pathologien agesat kënne ginn. Dat kléngt ganz gutt.

Mir begrëssen och, dass aacht Centres de compétences geschaf ginn, well bis elo eenzeg d'Logopädie an den Institut pour déficients visuels souwéi an engem gewëssene Mooss den IMC wierklech spezialiséiert waren. Woubäi ee ka soen, an ech wëll dat awer eraussträichen, dass zum Beispill den Institut pour déficients visuels op exemplaresch Aart a Weis d'Inklusioun an de Schoule praktizéiert.

Bei deene Kanner, déi ënner Ediff an ESEB gelaf sinn, waren awer Fäll mat ganz ënnerschiddleche Pathologien zesummegewierfelt. Ech weess zum Beispill vum engem Fall, do ass e Kand weinst enger net erkannter Epilepsie an der Ediff gelant, a wéi de Schouldokter et bis erkannt hat an et do erausgeholl huet, dunn ass seng Epilepsie behandelt ginn an et konnt normal ageschoult ginn. Hei kënnt et zu enger Differenzierung tëschent verhaltensgestéierten, autisteschen a gescheet retardéierte Kanner. A mir kréien dann och, wat mer och begrëssen a wat säit Jore vum de Leit dobaussen a vum den Eltere verlaangt gouf, een Zentrum fir d'Kanner mat enger „Dys“-Problematik. Dës Kanner hu bis elo oft müssen am Ausland en charge geholl ginn: Gradesou wéi mer och als leschten Zentrum, awer nëmme op der Lëscht, ee kréie fir surdouéiert Kanner. Och dat begrësse

mer, och dat war bis elo hei zu Lëtzebuerg net an onser Panoplie vum Offeren dran.

An den Zentre sollen d'Equippen iwwert déi Zort vum Expertise verfügen, déi op de Formekrees vu Pathologien zougeschnidden ass. Mir géifen ons dem Statsrot awer uschlëssen, deen a sengem éischten Avis freet an an engem zweeten Avis nach eemol drun erënnert, dass en d'Funktiounen an déi präzis Kompetenz vum dësen Institutiounen gäre beschriwwen gehat hätt. D'Majoritéit an der Educationskommission ass awer der Regierung noogaangen, wéi se gemengt huet, et sollt een déi Definitiounen méi generell halen, och fir méiglech vill Flexibilitéit ze loosse an och neien Erkenntnisser net am Wee ze stoen, déi ee vläicht duerch méi restriktiv Definitiounen géif ausschlëssen.

Een neit Moment ass och, dass d'Offer vum den Zentren ausgedéent gëtt op 18 Joer an nach driwwer eraus, wann d'Ausbildung dat esou verlaangt. Ons gefält och ganz besonnesch d'Agence de transition à la vie active, déi domat befaasst ass, dass déi Jugendlech, déi spezifesch Problemer hunn, och inhaltlech déi Formatioun kréien, déi se op de regulären Aarbechtsmaart preparéiert respektiv déi se an e gëeegenten Atelier protégé orientéiert. Ech hunn dat Beispill esou gutt fonnt, dass een, deen net gutt gesäit, zwar op enger Téléfonszentral ka schaffen, awer net een, deen net gutt héiert. Ech hunn dat Beispill exzellent fonnt. Et ass och ganz kloer.

Am Idealfall kéint ee sécher méi vum dëse Persounen, déi hir Schoulen ofgeschloss hunn, op den éischten Aarbechtsmaart bréngen - d'Spezialiste schwätze vum 80%, dovun si mer wäit ewech -, wat hinnen en autonomt Liewen an der Dignitéit géif garantéieren.

Wat mer ons awer froen, Här President, Här Minister, dat ass, zu wellechem Zäitpunkt dës Agence aktiv gëtt respektiv wéi hir Kompetenz mat deene vum der ADEM kompatibel sinn.

Esou wäit déi Punkten, déi an onsen Aen zu enger Verbesserung vum der haiteger Situation féieren.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech kéim elo zu deene Punkten, déi ons net esou gutt gefalen.

Dat, wat ons feelt, dat ass eng Vue no vir. Dëst Gesetz wäert duerch den enormen Opwand d'Prise en charge vu Kanner a Jugendleche mat spezifesch Bedürfnissen verbessern do, wou se elo net gutt klappt. Et wäert Mängel an Onzoulänglechekeete behiewen, déi elo bestinn, mä et bleift an onsen Aen déiselwecht Philosophie. Et bleift eng Momentopnam a bréngt keng Dynamik am Hëllef op méi an eng besser Inklusioun.

Ech erkläre mech: Wat mir ons erwaart haten, dat war eng kloer Ausso fir méi Inklusioun; dat war e Gesetz mat enger Visioun, wéi een duerch besser Strukturen, enger méi grousser wëssenschaftlecher Implikatioun, awer och enger anerer Opfaassung vum der Inklusioun d'Schicksal vum deene Kanner sollt kënne dréien.

Fir dass mer emol wierklech den Ufuerderunge vum der UNO-Konvention iwwert d'Rechter vum de Behënneren gerecht ginn, muss d'Behënnerung am Alldag esou „normal“ sinn, dass se ons net méi opfällt. Inklusioun an der Schoul muss bedeuten, dass déi wäertvoll Säiten an Talenter vum dëse Kanner kënne gefërdert ginn an unerkannt ginn, dass och hir Matschüler Freed an der Aufgab hunn, se mat duerchezéien, si ze ënnerstëtzen. Si sollten aus dem Schoulsystem kënne entlooss ginn an d'Erwuesseneliewe mat enger gewëssener Autonomie, dass si wäertvoll a schlisslech och produktiv Elementer an onser Gesellschaft kënne ginn. Ech verweisen do op auslännesch Etüden, déi ausgerechent hunn, wéi dat sech mat der Produktivitéit verhält.

Dat ass dat, wat och d'Eltere sech fir sech an hir Kanner wënschen. Dat ass dat, fir wat eng grouss Quantitéit vum Organisatiounen sech um Terrain mat ganz vill Engagement asetzen. Leider gëtt dës Vue un der Inklusioun anscheinend hei am Land als utopesch gesinn. Mä si ass méiglech!

Här President, Kanada war mer ze wäit a Finnland louch net op menger Streck, duerfir war ech mer dat an Italien ukucken, méi präzis war ech a Südtirol, wou ech duerch e Kolleg déi Persoun getraff hunn, déi sech do ëm d'Inklusioun am däitsche Schoulsystem - si hu jo en däitsche Schoulsystem am italienesche Schoulsystem - këmmert.

Virus gëtt e Gesetz vum 1977 - vläicht kënnen d'Medezinner ënner lech sech nach dorun erënnere -, dat huet fir ganz Italien d'Scolarisation fir all Kand an enger Regelschoul obligatoresch gemaach. Mat deem nämleche Gesetz vum Här Basaglia sinn och geschlossene psychiatreschen Anstalten deemools ofgeschafft

ginn. Dës Reform huet an der Volée vum den 68er Joren op der ganzer Welt zu vill Diskussionen an de Fachkreiser gefouert an huet awer e wichtige Schrëtt duergestallt um Wee zu enger moderner Psychiatrie.

Dat war natierlech keng progressiv Approche an d'Inklusioun. De Schoulsystem ass an d'kaalt Waasser gehäit ginn an huet misse kucken, wéi en da mat deene Schüler eens gëtt, fir déi en do quasi vum haut op muer zoustänneg gouf.

Am Joer 1983 ass an Tirol, Südtirol, dat jo eng gewëssen Autonomie huet, d'„TeilhabeGesetz“ gestëmmt ginn, wat dat éischt Inklusionsgesetz a Südtirol ass, a säithier hu si d'Inklusioun a Musek ëmgesat.

Ech erspueren lech d'Eenzelheeten, nëmme esou vill, fir ze verstoen, dass d'Moyenen, déi zur Verfügung stinn a stoungen, guer net esou massiv waren. Et gëtt eng Inklusionsléierpersoun op 100 Schüler. Si si Spezialisten an der inklusiver pädagogescher Didaktik. Si sinn also zoustänneg fir vill Kanner a maachen och keng individuell Begleitung. Si ginn agesat zur Steuerung vum der Inklusionsfäegkeet vum der Klass. De Professor Lemayr ass do ganz formell: Et ass d'Klass, déi de Geléngungsfacteur vum der Inklusioun ass, net d'Léierpersonal.

Parallell dozou ass d'Ausbildung vum Léierpersonal esou ausgerichtet ginn, dass all Schoulmeeschter an all Professor an de Lycéee Kenntnisser an der inklusiver Pädagogik huet. Zousätzlech stinn zu deem Encadrement „Mitarbeiter zur Integration“ zur Verfügung. Dat sinn awer meeschtens medezinesch, fleegeresch Beruffer, déi Assistenz zur Autonomie ginn an de Schoulen. Dat kënne hygiesch Moossname sinn, dat kënne alimentär Moossname sinn oder och Hëllef bei der Bedéngung vum den Hëllefsmittel, vum den techneschen Hëllefsmittel, déi d'Kanner hunn.

Fir all Kand gëtt eng Funktiounsdiagnos gestallt an dorausser eng Funktionsanalys gezunn, dat vum enger multidisziplinärer Kommissioun, déi ech mer esou äänlech virstelle wéi ons zukünfteg CNI. D'Diagnos ass net exklusiv pathologiebezunn, mä hält och aner Parametere mat an d'Evaluatioun, zum Beispill déi besonnesch Talenter, déi esou e Kand huet.

Bei de Léierpläng gëtt ënnerscheet tëschent engem „zilgleichen“ Bildungsplang, dat ass de Schoulprogramm fir all Kanner, an do, wou d'Kand dës Plang net kann erfëllen, do ginn „zildifferent“ Bildungspläng spezifesch op d'Kand zougeschnidden. D'Kand kritt da keen „normalen“ - tëschent Gänsefeisercher - Ofschloss, awer eng Kompetenzbescheinigung.

E puer Punkten hu mech besonnesch frappéiert an ech mengen, ech muss déi haut soen.

„Inklusioun“, sot de Professor, „ass méi einfach a Klasse mat méi héijen Ufuerderungen.“ Also a classesche Lycéeen. Dat erkläre si sech esou, dass hei d'Matschüler oft iwwer eng méi grouss sozial Kompetenz verfügen a méi bereitwëlleg hire behënnerde Matschüler hir Hëllef bidden. D'Klass ass den „Cocoon“, an deem de behënnerde Matschüler sech kann entwéckelen.

D'Personal, dat fréier an de Sonderschoule geschafft huet, ass fräi gi fir Berodung vum de Schoulen, awer och vum den Elteren. Südtirol huet exzellent PISA-Notten. De Professor Lemayr - hie leet zu Bozen d'Kompetenzstelle Integration und Inklusion - huet eng laang Berufserfahrung a seet ganz kloer, dass a Klassen, wou inklusiv Schoul gehale gëtt, meeschtens besser Schoulresultater virleien.

Finnland huet en anere Wee gewielt. Hei sinn d'Sonderschoulen net zougemaach gi vum haut op muer, mä si hunn hiert Tätigkeetsfeld progressiv an d'Regelschoule verluucht. Haut gëtt et quasi keng Schüler méi ausserhalb der Inklusioun. D'PISA-Notte vu Finnland sinn lech, mengen ech, bekannt.

Här President, Dir Damm an Dir Hären, ech erzielen dat hei net, fir meng Ried méi kuerzweilg ze gestalten. An dat, wat ech erzielen, dat ass och keng Utopie an och net onerschwénglech. Au contraire! 1999 huet eng Etüd an Däitschland gerechent, dass d'Segregatioun an de Sonderschoulen - well esou wëll ech se nennen -, wann een alles rechent, méi deier ass wéi inklusiv Education.

Firwat also déi Retizenzen? Firwat erliewe mir eng géigeleefeg Tendenz? Am Exposé des motifs vum Gesetz steet zwar, dass bei ons nëmme 1% vum de Kanner a Sonderschoule sinn, ma dat ass mir ze vill optimistesche, wann een all déi Kanner a Jugendlech derbärechent, déi de Moment net hei bei ons am Land betreit ginn.

Ech bréngen aner Chifferen, déi och aus enger Statistik vum Educationministère kommen. Vun 2009 bis 2015 ass d'Zuel vum den Ediff-Kanner vu 608 op 918 eropgaangen - dat si 50% méi a sechs Joer -, während d'Gesamt-schülerzuel an darselwechter Zäit vu 84.992 op





88.266 Schüler eropgaangen ass. Dat sinn iwwert den Daum 4%.

Wéi ass dës Phenomeen ze erklären? Dass méi Schüler an den Ediffe sinn, ass sécher net do-uerch ze erklären, dass d'Schülerzuel esou staark zougehooll huet. Dat ass mat dëse Chiffere net méiglech.

Et sinn net nëmmen de Mangel u Ressourcen oder ze wéineg Personal, déi der Inklusioun bei ons, op d'mannst, wat déi méi problematesch Fäll opweisen, eng negativ Konnotation ginn. Et ass och sécher net de globale Mangel un Engagement. Et gëtt hei am Land exzellente Beispiller fir gelongen Integratioun an Inklusioun. Et gëtt Léierpersounen, déi sech an hirer Fräizäit déi néideg Kenntnisser uneegnen, fir d'Methodiken an der Inklusiounspädagogik besser zum Profit vum hire Kanner kënne un-wenden. Et si ganz aner Ursaachen derhan- nert.

Fir mech ass d'Hauptursach, an dat betrëfft eigentlech net nëmmen d'Schoul, besonnesch an deene méi problematesche Fäll, ech denken do haaptsächlech un d'Kanner mat Verhalens- steierungen oder autistesche Kanner - do ass d'Inklusioun d'Ausnam an d'Sonderschoul ass d'Regel -: Et gëtt keen natierlechen Émgang bei ons mat der Inklusioun, weder vusaite vum Léierpersonal - am Allgemengen! - nach vusaite vum den Eltere vum de Matschüler. Den Handi- cap, een, deen „anescht“ ass, dat mécht jidd- werengem Angscht.

D'Léierpersonal, dat keng Ausbildung huet an der Sonderpädagogik, ass hoffnungslos iwwer- fuerdert, besonnesch och, well et och nach aner Problemer ze bewältegen huet, déi vläicht an onse Länner méi gravéierend si wéi an deene Länner, déi ech zitéiert hunn. Dat ass zum Beispill d'Méisprouchegeet an d'Integra- tioun vum deene villen neien, zougezunnene auslännesche Kanner.

D'Equippen, déi bis elo SREA waren an an Zu- kunft ESEB, dat si Generalisten, dat sinn Educa- teuren. Si beschäftegen d'Kanner zwar, zum Deel e puer Stonnen, zum Deel méi Stonnen, zum Deel ganz, mä si schaffen awer an der Re- gel net mat hinnen, well si eben och keng Spe- zialiste sinn an deene verschidde Pathologien an déi Methoden, déi néideg wieren, fir mat deene Kanner eng Educatioun ze maachen, net kennen.

D'Elteren hunn och haut schonn déi lescht De- cisioun ze huelen, ob hiert Kand an der Re- gelschoul bleift oder an enger Sonderschoul. Dat gëtt vum dësem Gesetz confirméiert an dat ass positiv. Mä vill vum hinne gesi sech engem immensen Drock ausgesat, dass si schlecht El- tere wieren, wa si drop bestinn, hiert Kand an der Inklusioun ze loossen, géint d'Meenung vum de Kommissiounen oder vum Léierperso- nal.

Wat ännert sech konkret un dëser Situatioun? Wie steet op der Säit vum den Elteren an der Commission d'inclusion, wa vusaite vum der Schoul eng geballte Resistenz hinnen ent- géintschleift? Si sinn awer nun eemol Expert am spezifischen Domän vum hirem Kand senger Behënnerung a si sollten dat och uerkannt kréien. Si sollten also op all Niveau vum den Diskussiounen mat abezu ginn a gegebenenfalls och en externen Expert vum hirem Choix kënne matbréngen.

Onser Meenung no offréiert d'Gesetz zousätz- lech Ressourcen, mä d'Philosophie, d'Bestoen op eng weider segregativ Beschoulung mat der Kreatioun vu Klassen an den Zentren, déi gëtt net a Fro gestallt, gëtt net prinzipiell a Fro ge- stellt. An deene Centre-de-compétences, wou scho Klasse bestinn, wäert sech sécher net vill änneren, a wann der an aneren Zentre bäikom- men, wou ass dann do méi Inklusioun?!

Ech hat an de leschte Wochen a Méint aller- hand Kontakten mat verschiddeenen Organisa- tiounen, déi sech ëm Inklusioun beméien. Ganz besonnesch d'Eltere fäerten, dass si nach méi ënner Drock gesat ginn, dass si an de Meandrè vu Kommissiounen, Direktiounen, Agencen a Collègen mat hirem Belaang ënnerginn. Net ze vergiessen d'Strukture wéi de Service de mé- diation, dee jo eigentlech och bei dëse Pro- blemer e Wiertche matzeschwätzen huet. Dëst Gesetz hu mer jo de 16. Mee dëst Joer ge- stëmmt, an en heescht och „au maintien, à l'inclusion et à l'intégration scolaires“. Wéi ass seng Roll an dësem Zesammenhang?

A wann d'Eltere sech staark dem Avis vum de Kommissiounen an hire Fachleit widdersetzen, dat si Prozesser, déi lafen iwwer Joren. Dat ass näischt, wat innerhalb vum enger Woch oder innerhalb vum engem Mount sech entwéckelt. Da steet do hannendrun d'Damoklesschwäert vum Jugendrichter. Här Minister, à bon enten- deur, salut!

Et bleiwen dann nach e puer Froen op, déi ech nach wëllt kuerz drunhänken.

Wat den Transport ugeet, esou schéngt dat ee vun deenen Domänen ze sinn, déi schwiereg ze organiséieren sinn, net zulescht, well et net an der Kompetenz vum der Educatioun läit. Och wann ee regional Antenne vum de Centres de compétences virgesäit, wäerten awer och an Zukunft vill Faarten néideg sinn, fir d'Kanner an d'Jugendlech op déi richteg Plaz an erëm heem ze transportéieren.

Ech illustréieren déi praktesch Problemer mat engem Beispill. Mir kruten an enger Entrevue erzielt, dass ee Kand, dat zwar schonn am Jugendalter ass, mä awer op kengem héijen in- tellektuellen Niveau - et huet den intellektuel- len Niveau vum dräi Joer -, an dofir seng Adress net kennt, no laanger Ierfaart mat engem neie Chauffeur schliisslech vum deem Mann ganz verzweifelt iergendwou aus dem Bus erausge- looss ginn ass. An d'Elteren hunn duerno zim- lech laang no em gesicht.

Mat den neie Bestëmmungen dierfen anschein- end Leit, déi op dëse Busser fueren, keng Telefonsnummer méi vu secherausginn. Ons schéngt et deemno wichteg, dass op d'mannst d'Kanner, wa si aus der schoulescher Struktur heemgefuert ginn, e Badge droe mat hirer Adress an der Kontakt Nummer vum den Elteren oder dem Tuteur.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Allgemeng gëtt et oft Schwierigkeiten op den Transpor- ten. An d'Demande ass dofir, do, wou et néi- deg ass, Begleetspersounen mat op den Trans- port ze setzen.

Wat ass an Zukunft virgesinn? Wann dat keng Fro un lech ass, Här Minister, stellen ech se deemnächst un Äre Kolleg mat der Transport- kompetenz.

Mir hunn och e Problem domat, wat d'Kritäre sinn, fir déi eenzel Educateuren a Sonder- schoulpersounen ze affektéieren. Huet do d'Personal de Choix? Oder gëtt et Mindestaf- fektatiounen pro Regioun? Gëtt et Kritären zu spezifische Kenntnisser, déi eenzel Persounen hunn, anerer awer net, zum Beispill d'Mem- bere vum der ESEB, fir an hire spezifische Pa- thologië kennen agesat ze ginn?

A mir froen ons och, an dat schéngt ons im- mens wichteg, ob et virgesinn ass, dass op der Uni Lëtzebuerg am Curriculum vum zukünf- tege Schoulpersonal d'Inklusiounspädagogik en obligatorescht Fach wäert ginn.

An Éisträich zum Beispill ass dat Fach mat 30 ECTS en obligatorescht fir all Student, fir spéider Léierpersoun ze ginn. Domadder ass hien zwar nach kee Spezialist an allen Domänen a Léier- methoden, esou wéi dat an de Centres virge- sinn ass, mä et wier jiddefalls fir ons e wichteg Schrëtt fir méi Offenheet a Begeescherung fir d'Inklusioun bei allen zukünftege Léierinnen a Schoulmeeschteren. Mat deene Leit, déi elo ak- tiv sinn an der Educatioun, kéint een dëst iwwer géeegeent Weiterbildungen errechen.

Et gëtt leider bal nëmmen iwwert déi schwie- reg Fäll geschwat an der Press, an deenen Or- ganisatiounen, déi sech mat der Inklusioun be- faassen. Wat ass awer mat deene Kanner, déi nëmme minimal vum Standard ofwächen? Mussen déi och en Dossier an d'CNi eraginn oder steet hinne weiderhin eng Hëllef iwwert d'Commission - nach eng Kommissioun! - des aménagements raisonnables zur Verfügung? Wou sinn d'Kritären? Wou ass d'Grenz? Weini gëtt deen därege Wee iwwert d'CNi néideg? Dës Fro huet iwwregens och d'Statsbeamte- kummer an hirem Avis gestallt.

Ech wollt dann och nach ganz kuerz op dee méi spezifische Problem vum de Verhalenssteie- rungen agoen, mä d'Zäit, zwar ass et e Mo- dell 1, mä d'Zäit gëtt awer méi kuerz, dofir froen ech den Här Minister nëmme ganz kuerz, Här President: Hien huet an der Press ugekën- negt, dass eng 40 bis 50 Kanner aus dem Fon- damental géifen an intensive Betreuungsstruk- turen ausserhalb vum der Schoul, déi hien amgaange wier ze schafen, ënnerbruecht ginn, temporär oder méi laang. Kann hien ons dozou Präzisatiounen ginn?

A schliisslech nach meng lescht Fro, déi ass e bësse provokativ, mä et schéngt mer awer wichteg ze sinn: Wie kontrolléiert d'Centre-de- compétences?

Dir gesitt also, Här President, dass nach vill Froen op sinn, mä ech hu mech aus Zäitgrënn op déi puer hei limitéiert. Et huet jo presséiert. An dofir ass d'Gesetz esou, wéi et ass.

Wéi Der mengen Ausféierungen entholl hutt, also deene leschteren, net deenen éischten, si mer der Meenung, dass et gutt Usätz huet, et gëtt awer keng Strategie. Et gouf sech vill do- vun erwaart. Vill Leit, déi grouss Hoffnungen an dëst Gesetz gesat haten, sinn enttäuscht, well si frou waren, wéi de Ministère an den Här Mi- nister, no laange Jore vu Stëllstand, de Sujet erëm op de Leescht geholl hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten de Moien an onser Fraktioun eng laang a lieueg Diskussioun doriwwer, ob mer ons wéinst deenen negative Punkten, déi ech elo grad erausgestrach hunn, sollten enthalte beim Gesetz oder ob mer deene positive Punkten, déi ech ugangs vu menger Ried opgezielt hunn, sollte Rechnung droen an de Projet matstëm- men. Mir hu schlussendlech ofgestëmmt an eng knapp Majoritéit huet sech derfir ausge- schwat, dass mer de Projet matstëmme.

Ech ginn lech dofir elo hei och den Accord vum onser Fraktioun, wäert mech awer selwer bei der Ofstëmmung vertriee loossen.

Fir onser Skepsis awer Rechnung ze droen, hu mer eng Motioun préparéiert, déi eng fréier Motioun ergänzt, déi mer d'lescht Joer bei der Reform vum Fondamental presentéiert haten an déi vun lech all ugehooll gouf.

Ech géif se vläicht ganz kuerz direkt presentéie- ren, wann den Här President erlaabt. Mir rap- peléieren d'Dispositiounen vum der Convention des Nations Unies relative aux droits des per- sonnes handicapées, dass à long terme eng in- klusiv Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg soll ent- stoan an dass déi handicapéiert Persounen hir Rechter op allen Niveaue sollten zougestane kréien, dass de But initial vum Projet de loi awer eng méi staark Inclusion scolaire ass an haaptsächlech och d'Formatioun vum de Kanner mat spezifische Besoinen. Mir huelen zur Kenntnis, dass d'Educatiounspolitik hei am Land sech weider soll, weider muss engagéie- ren um Wee vum der Inklusioun.

Mir notéieren, dass d'inklusive Schoul an enger Logik vum Accessibilitéit muss entstoan, an där den Enseignement spécialisé, also d'Beschou- lung a Sonderschoulen, wéi eng subsidiär Mesure ausgesinn, erfaasst gëtt... Ech hätt bes- ser, se op Franséisch virzeliesen, ech fueren also op Franséisch virun: «(...) considérant que le système initié par le projet de loi innove sur certains points permettant une meilleure prise en charge des enfants concernés, mais ne constitue pas en soi un changement de para- digme vers une meilleure inclusion scolaire; constatant dès lors que le projet de loi ne serait qu'un premier pas vers une réelle inclusion; no- tant que les dispositions prévues dans le projet de loi sont complexes et difficiles à suivre pour des personnes non averties, invite le Gou- vernement à suivre étroitement la mise en œuvre des mesures proposées, à présenter à la Chambre des Députés au plus tard trois ans après la mise en vigueur de la loi y relative une évaluation de l'efficacité des nouveaux instru- ments eu égard à une meilleure inclusion, à multiplier les initiatives de sensibilisation envers une école inclusive, à considérer d'inclure dans le curriculum du personnel enseignant la for- mation à l'éducation inclusive et à sa mise en œuvre», a schliisslech, «à mettre à disposition du public un guichet d'information pour gui- der les parents et les élèves majeurs dans les procédures.» Dat huet och an zwee Avisen zum Gesetz gestanen.

Ech géif also wëllen am Numm vu menger Fraktioun dës Motioun un de Chamberspre- sident iwwerginn.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- rappelant que conformément aux dispositions de la Convention des Nations Unies relative aux droits des personnes handicapées, le Luxembourg poursuit à long terme le développement d'une société inclusive, au sein de laquelle les personnes handicapées pourront exercer leurs droits à tous les niveaux;*

*- notant que le but initial du projet de loi est de promouvoir l'inclusion scolaire et la formation des élèves à besoins éducatifs spécifiques;*

*- notant que l'éducation nationale doit continuer à s'engager progressivement sur la voie de l'école inclusive;*

*- notant que l'école inclusive s'inscrit dans une logique d'accessibilité universelle, dans laquelle l'enseignement spécialisé est envisagé comme une mesure subsidiaire;*

*- considérant que le système initié par le projet de loi innove sur certains points permettant une meilleure prise en charge des enfants concernés, mais ne constitue pas en soi un changement de paradigme vers une meilleure inclusion scolaire;*

*- constatant dès lors que le projet de loi ne serait qu'un premier pas vers une réelle inclusion;*

*- notant que les dispositions prévues dans le projet de loi sont complexes et difficiles à suivre pour des personnes non averties,*

*invite le Gouvernement*

*- à suivre étroitement la mise en œuvre des me- sures proposées,*

*- à présenter à la Chambre des Députés au plus tard trois ans après la mise en vigueur de la loi y relative une évaluation de l'efficacité des nou-*

*veaux instruments eu égard à une meilleure inclu- sion,*

*- à multiplier les initiatives de sensibilisation en- vers une école inclusive,*

*- à considérer d'inclure dans le curriculum du per- sonnel enseignant la formation à l'éducation in- clusive et à sa mise en œuvre,*

*- à mettre à disposition du public un guichet d'in- formation pour guider les parents et les élèves majeurs dans les procédures.*

(s.) Martine Mergen, Diane Adehm, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Zeimet.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Merci.

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Ech wëllt ofschléisse mat engem Zitat vum Här Cham- berspräsident.

Dat passt fir mech wéi d'Fauscht op d'A an de Prozess vum der Inklusioun, net nëmmen an der Schoul, mä d'Schoul ass e ganz wichtige Deel dovun. Hie sot de leschte Samschdeg an der Philharmonie: „Mir brauchen an dësem Land oppe Geeschter, oppen Häerzer an oppe Gren- zen.“

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Exzellent!

► **Une autre voix.** - Dat ass net falsch!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Ech war elo eng Sekonn ofgelenkt.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Dat kann ech ganz gutt verstoen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Gilles Baum fir d'DP.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Merci, Här Pre- sident. Kolleginnen a Kollegen, 1973 ass d'Gesetz iwwert d'Educatioun différenciée ge- stëmmt ginn. Zanterhier hunn eist Land an och seng Populatioun sech grondleeënd verännert. Zanterhier hunn eis Schoul an och d'Kandheet sech vill verännert. Zanterhier hunn d'Uspré- ch un d'Schoul, awer och d'Problemer, déi d'Kan- ner kënne mat an d'Schoul bréngen, sech vill verännert.

An obwuel d'Uspré- ch un déi eenzel Zentre vum der Educatioun différenciée an de Joren doudsé- cher net manner gi sinn, huet eng Regierung no där anerer d'Zentren, d'Intervenanten, d'Personal a virun allem och d'Eltere vum de concernéierte Kanner op déi nächst Legislatu- rperiod verträischt. A bis op e puer Schéinheits- korrekte gouf d'Gesetz vum 1973 ni grondleeënd op de Leescht geholl an iwwer- schafft.

Ech sinn dofir frou, an ech kann dëser Re- gierung an dem Educatiounsminister Claude Meisch nëmmen derfir felicitéieren, dass mir haut Neel mat Käpp maachen an eng grondleeënd Reform vum der Educatioun diffé- renciée unhuelen, an dat zum Wuel vum Kand.

Fir d'DP ass et kloer, dass d'Inklusioun dobäi am Vierdergrond muss stoen. Dat stoung och esou implizitt an eisem Wahlprogramm. Et geet awer net duer, ëmmer nëmmen iwwer Inku- sioun ze schwätzen, mä et muss een och d'Be- dëngunge schafen, dass dat an der Schoul iwwerhaapt méiglech ass an et net bei eidele Wierder bleift.

Dat geet wuel iwwer méi Autonomie vum der Schoul, et geet awer virun allem och iwwer eng méi enk Ubannung vum der Schoul un déi eenzel spezialiséiert Strukturen. A wann ee wierklech wëllt eng École pour tous schafen, da muss mer och bereet sinn, déi néideg Res- source fräizestellen. Et kann een net méi inklu- siv mat manner Personal schaffen. Dat geet net! An dës Regierung ass dofir op de Wee gaangen, fir souwuel d'Strukture vum der Ediff ze reforméieren ewéi och dat néidegt speziali- séiert Personal op den Terrain ze schécken.

Ech wëll drun erënneren, dass am Budget vum dësem Joer Lëtzebuerg sech endlech d'Moyene ginn huet, fir déi international Verfléchtungen, déi international Verfléchtungen, wéi d'UN- Konventioun fir d'Rechter vum de Mënsche mat Behënnerung ze virgesäit, ze erfüllen. A fir d'In- klusioun vu Kanner mat spezifische Besoinen an eise Schoulen ze erméiglechen, huet de Stat sech déi néideg Moyene ginn, fir ronn 200 Leit zousätzlech spezialiséiert Personal anzustellen, fir dës Kanner besser ze betreiën. Wien A seet, muss och B soen an dat huet d'Regierung hei- madder gemaach.

Här President, dësse Projet de loi, deen déi na- tional Centres de compétences schafft, ass am





Fong dat lescht Puzzlestéck vun enger neier Organisationsstruktur an der Education différenciée. D'Prise en charge vu Kanner mat spezifische Besoine gouf ëmstrukturéiert an op dräi Niveauen opgedeelt, d'lescht Joer op de lokalen an de regionalen Niveau an haut, mam Schafe vun den aacht nationale Kompetenzcentren, op den nationalen Niveau.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz drop agoen, well et awer net onwichtig ass, fir den Éspirit vun dësem Text ze verstoen.

Am Kader vun der Reform vun der Grondschoul, wou déi 15 regional Direktiounen an d'Liewe geruff goufen, hu mer gläichzäiteg den Terrain préparéiert, fir d'Prise en charge vu Kanner mat spezifische Besoinen ze verbesseren. D'Verbesserungen hunn deemools de lokalen an de regionalen Niveau betraff. Op lokalem Niveau huet ee sech engagéiert, iwwer véier Joer 150 Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des enfants à besoins (veuillez lire: à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques) oder kuerz I-EBS anstellen. Déi hunn elo schonn dëst Schouljoer an de Schoulen ugefaange mat schaffen, wuel nach net allegueren, awer schonn en Deel vun deenen.

Dëst Personal schafft um Terrain an enger inklusiver Approche, fir sech ëm dës Kanner ze këmmere a sech zesumme mam Léierpersonal a mat den Elteren iwwert d'Situatioun vum Kand ze concertéieren. Méi inklusiv geet net!

An der Grondschoul an an de Lycéeën huet ee sech och mam Schoulentwécklungspang, also dem sougenannte PDS, en Instrument ginn, fir d'Schoulen dozou ze bréngen, hir eegen Inklusionsdémarche ze definéieren, ze dokumentéieren an natierlech och ëmzesetzen.

Op regionalem Niveau sinn dann d'Équipes de soutien des enfants à besoins (veuillez lire: à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques), kuerz d'ESEB, an d'Spill komm. Ënnert der Responsabilitéit vun der Direction régionale këmmere si sech ëm d'Kanner, deenen net genuch an de Schoulen um lokalen Niveau ka gehollef ginn.

Wann den I-EBS also feststellt, dass dem individuelle Besoin vun engem Kand net genuch Rechnung an der Schoul ka gedroe ginn, dann iwwerhëlt, mam Accord vun den Elteren, d'Équipe de soutien d'Prise en charge vun deem betraffene Kand.

Déi Équipes de soutien setze sech zesummen aus enger Équipe de diagnostic an enger Équipe d'assistance vu Psychologen, Pädagogen, Infirmiëren, Educateuren, Assistants sociaux, also Leit, déi nach besser op déi spezifesch Besoine vun deenen eenzelne Kanner kënnen agoen.

An anere Wieder: Et gouf also eng regelrecht Teamaarbecht op verschiddenen Niveauen agefouert, ëmmer ënnert der Opsicht vun der Direction régionale an der Commission d'inclusion, déi en Dossier mat all de wicHTegen Informatiounen iwwert d'Kand, seng Besoinen an och säin Diagnostic uleet. Et huet een also zu all Moment de Suivi vum Kand.

Här President, dat waren, wéi gesot, a graffen Zich d'Verbesserungen, déi um lokalen a regionalen Niveau stattfonnt hunn. Mam Projet haut kënnt awer nach den nationalen Niveau derbäi. Mat dem Schafe vun de Centres de compétences kënnt haut u sech d'Spëtzt vun der neier Pyramid elo derbäi.

D'DP begréisst virun allem, dass sech elo verstärkt de Kanner mat enger „Dys“-Problematik ugehall gëtt. Als Schoulmeeschter kann ech lech aus menger eegener Erfahrung soen, dass Schüler, déi net fréi genuch e professionellen Diagnostic an duerno déi adequat Hëllef kritt hunn, an eise Schoulen e regelrechte Parcours du combattant hileeë mussen. Vun den Eltere guer net ze schwätzen. Dat huet zu vill Frust, lenger an duerno souguer zu ville Selbstzweifel gefouert, dat net nëmme beim Kand a bei sengen Elteren, mä och beim Léierpersonal.

Natierlech ass et dem Schoulmeeschter säin Job, eng éischt Feeleranalys ze maachen a säin Unterrecht esou differenziéiert ze gestalten, dass all Kand ka beschtméiglech gefuerdert ginn. Mä nieft dem Generalist war et awer och héich Zäit, och gezielt Spezialiste mat anzubannen, fir déi Kanner elo méi gezielt a fachgerecht ze ënnerstëtzen an hinnen ze hëllefen, weiderzekommen.

Dat nämlecht gëllt iwwregens och fir héich begaabte Kanner. Dat schéngt op den éischte Bléck paradoxal, mä, nach laang net all héich intelligent Kand ass och e gudder Schüler. Bei verschiddene Kanner ass et grad ëmgedrëit. Déi ginn an der Klass duerch déi permanent

Ennerfuerderung esou onglécklech, dass se kënnen depressiv oder verhalens kreativ ginn.

Dir Dammen an Härren, ech si frou, dass mir eis mat dësem Gesetz endlech enger Problematik unhuelen, déi scho säit Längerem, säit ganz Laangem besteet. Déi multidisziplinäresch Missionen, d'Vernetzen ënnereneen, dat spezifesch forméiert Personal, déi inklusiv Approche souwéi d'Zesummeschaffe mat de Schoulen an alle Schoulpartner maachen dëst Gesetz zu engem gudder Gesetz, dat et erlaabt, sech an Zukunft méi gezielt, méi fachgerecht a méi inklusiv ëm d'Kanner mat spezifische Besoinen ze këmmere.

Aus all dëse Grënn stëmmt meng Fraktioun natierlech fir dëst Gesetz.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel fir d'LSAP. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, mir wunnen an enger komescher Welt. An ech maache meng Remark elo net op dat, wat virdrun hei meng Virriedner gesot hunn, mä op eppes aneres: Déi, déi sech fir eppes asetzen, déi, déi schafen, déi hunn et schwéier, ebe grad, well se eppes maachen. Et schéngt, wéi wann et heiansdo besser ukënnt, näischt ze maachen. Da mécht ee jo och näischt falsch, gëtt gesot.

Ma ech sinn där Meinung absolutt net! Well falsch mécht et deen, deen näischt mécht, well e sech net de Problemer stellt. Deen, dee jorelaang un engem Ee schielt an et da leie léisst, dee mécht alles falsch, an net deen, dee sech de Problemer unhëlt a se upeekt.

Wahrscheinlech wäert den Här Meisch och bei verschiddene Leit als domm a liddereg eriwuerkommen, dat, well e sech suert a well en eng ganz Rei vun Initiative geholl huet, fir eise Schoulssystem ze moderniséieren. Ech sinn net der Meinung, dass de Claude Meisch domm a liddereg ass, gradesou wéi ech och net der Meinung sinn, dass déi aner Memberen an der Regierung liddereg an domm sinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Mä hautdesdaags schéngt et jo esou ze sinn, dass de mat rüpelhaftem Behuelen op eppes muss opmierksam maachen, wann den Inhalt vun deem, wats de ze soen hues, net vill hiergëtt.

Dir Dammen an Dir Härren, de Projet de loi 7181, deen ass ganz vill am Haus Engel diskutéiert ginn a mir waren eis och net ëmmer eens. Et ass e Gesetz, wat drëms handelt, fir fir déi Schwaach aus eiser Gesellschaft besser an nach méi ze suergen an d'Inklusioun an der Schoul ze férdere.

Fir d'LSAP ass et kloer, dass eisen ëffentleche Bildungssystem esou wäit wéi méiglech dem Leitmotiv vun der Inklusioun nokomme muss. Fir dass Inklusioun an der Praxis funktionéiere kann, brauch een adequat Mëttelen a genuch qualifizéiert Personal, fir deene Schüler, déi e spezifesch Förderbedarf hunn an op eng méi speziell Ennerstëtzung ugewise sinn, dës och kënnen.

Wann eise Schoulssystem enger beschtméiglecher Inklusioun verflucht ass, da brauche mer an de Schoulen och genuch sozioeducativt Personal. Mir brauchen e vernetzt, differenziéiert an inklusiivt Schaffen an der Erzéiung an am Unterrecht. Nieft dem schoulesche Beräich musse mer och an der nonformaler Bildung Efforte maachen. An duerfir brauche mer ebe grad dat differenziéiert, vernetzt an inklusiivt Schaffen, net just an den Hauptfächer, mä och grad vläicht bei de sportlechen an de kënnschlereschen Aktivitéiten.

Och d'Gemenge kënnen hei einfach an onkomplizéiert eng Hand mat upaken, wann de politesche Wëllen do ass, fir dass zum Beispill all Kanner kënne mat schwamme goen. Deen einfache Wee ass et sécherlech, fir verschidde Kanner vu verschiddenen Aktivitéiten auszeschleissen, wann den Encadrement dann e bësse méi schwéier schéngt. Mä d'Gemenge kënnen awer och hir Roll spillen, andeems se zousätzlech Mëttelen zur Verfügung stellen, fir d'Inklusioun weiderzedreien.

Ausserdeem musse mer dohinnerkommen, dass no an no all eist Léierpersonal och jee no Besoin eng gezielte Weiterbildung kritt, fir mat alle Fäll vu Kanner an hirer Klass schaffen ze kënnen. Lifelong Learning ass op allen Niveauen an alle Formatiounen ëmsou méi wicHTeg.

Inklusioun, an d'Wuert seet et jo och, muss, souwäit et geet, also am ganz reguläre Schoulbetrieb stattfannen. Mä nach gëtt et eenzel Fäll, wou et am Interessi vum Kand ass, dass et fir eng gewëssen Zäit eng méi intensiv a fachge-

recht Betreierung benéidegt. Ech betounen awer: Dat muss ëmmer am Interessi vum Kand sinn an net am Interessi vun der Schoul.

Duerfir brauche mer trotz allem och spezifesch Strukturen, déi sech ganz speziell ëm déi speziell Fäll këmmere kënnen. Als Sozialisten hu mer laang fir esou en inklusive Schoulmodell geschafft a mir sinn houfreg op dat, wat mer bis elo gepackt hunn, mä natierlech si mer nach net um Enn ukomm. Duerfir sinn et och an dëser Legislaturperiod eng Rei Annerungen op dësem Volet ginn an déi sinn och gutt gemaach.

Et ass scho vill driwwer gesot ginn, just nach net vu jiddwengem, ech wäert awer och nach en Deel vum lokalen, regionalen an nationalen Niveau schwätzen. De lokalen an de regionalen Niveau goufe jo scho reforméiert. Et ass gesot gi virdrun. Mä zur Erënnerung: D'Schoule si gehalen, am Kader vun hirem Schoulentwécklungspang e Konzept zur Inklusioun vu Schüler mat spezifische Besoinen ze entwéckelen.

D'Schoule kréien, wéi bis och elo, eng direkt Ennerstëtzung duerch spezialiséiert Léierpersonal, dat sur place an de Schoulen, wou direkt mat de Kanner geschafft gëtt. An ech kommen nach eng Kéier dorop zrëck, wat d'Madamm Mergen virdru gesot huet. Dëst ass den Idealfall, well d'Kanner esou an hire Klasse bleiwe kënnen an eng reell Inklusioun dann och stattfënnt. An dëst soll a muss och an Zukunft de Regelfall bleiwen, well soss bewege mer eis ewech vun dem Idealfall vun der inklusiver Schoul.

Zwou Remarken awer zu deem, wat d'Madamm Mergen virdru gesot huet. Bei de Kanner, déi gehollef kréien an de Klassen, do géife se beschäftegt ginn an et géif net richtig geschafft ginn.

Ech mengen, dass dat net der Realitéit entsprécht, wat Der do sot. Ech wëll net soen, dass dat net op verschiddene Plazen de Fall ass. Mä ech mengen, dass de Gros, an deene meeschte Fäll et esou ass, dass do ganz gezielt a ganz exakt och geschafft gëtt, an dass déi Leit, déi sech do mat de Kanner auserneesetzen, fir deenen eng spezifesch Fërderung ze ginn, och spezifesch mat deenen, ganz spezifesch, schaffen. Et ass net Beschäftigungstherapie.

An déi zweet Remark, déi mech och e bësse gestéiert huet, dat ass d'Fro vum Badge. Also, wa mer vun Inklusioun schwätzen, da fannen ech verschidde Kanner mat engem Badge ausgestatten awer net ganz an d'Richtung vun der Inklusioun, esou wéi mer se u sech wëllen hunn. Wa mer déi eng zeechne mat engem Badge an déi aner net, dann hunn ech awer e Problem, fir vun enger Inklusioun a vun enger gesamtheetlecher Inklusioun ze schwätzen.

(**Interruption par Mme Martine Mergen**)

Ech weess, dass dat heiten haaptsächlech de Fall ass fir Kanner, déi mam Transport dann iergendwou mussen higeouert ginn. Mä do gëtt et sécherlech aner Léisungen, wéi se mat engem Badge ze kennzeechnen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Fir dass dat an de Schoule klappe kann, wat ech virdru gesot hu vum lokalen a regionalen Niveau, gouf am Kader vun der Reform vum Inspektorat um regionalen Niveau an den Direktiounen ëmmer en Directeur adjoint genannt, dee spezifesch fir d'Koordinatioun vun dem ESEB-Volet zoustänneg ass. Hei muss d'Praxis dann och weisen, ob dat och gutt ass, dass dofir ëmmer eng Person aus der Direktiounsequipp zoustänneg ass, ob et net besser ass, ob et an Zukunft besser klappt, oder kucken, wéi et vläicht méi ideal ka verlafen, wann dës Kompetenze vun der ganzer Direktioun als integrative Bestandteil vun hirer Aarbecht ugesi gëtt a sech gedeelt gëtt. Dat muss vläicht d'Erfahrung weisen, ob dat net vläicht besser ass.

Schliisslech ginn op dem nationalen Niveau déi Kompetenzcentren hei an dësem Gesetz dann och en place gesat, fir eng méi intensiv Betreierung vu Kanner ze erméiglechen, wann dëst am Interêt vum Kand néideg ass. An ëm dës Kompetenzcentren, hunn ech virdru gesot, geet et jo och an dësem Projet de loi.

Dir Dammen an Dir Härren, ech hunn e bësse méi wäit ausgehall, fir awer elo erëm zrëck op de Projet ze kommen. Mä et war mer awer wicHTeg, e Gesamtbild hei nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen, fir dass een och weess, vu wat ee schwätzt. An d'Kompetenzcentren, déi sinn ee Bestandteil vun deem ganze System. Dat kann een net separat kucken.

Wéi de Rapporteur et gesot huet, deem ech och Merci wëll soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, kommen nieft déi schonn existéierend Kompetenzcentren dann nach dräi neier derbäi. An déi, déi do sinn, ginn zum Deel méi breet opgestallt. Dräi neier fir Kanner mat Léier- an Opmierksamkeetsschwieregkeeten, fir Kanner mat Verhalensschwieregkeeten a fir héich begaabte Kanner.

Fir mech perséinlech ass et besonnesch wicHTeg, dass mer de Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel schafen, wou also Kanner mat Léier- an Opmierksamkeetsschwieregkeeten solle speziell Hëllef kréien. Fir dës Kanner gëtt et aktuell just e ganz kleng Centre, deen duerch seng Mëttelen a seng Méiglechkeeten, déi zimlech begrenzt sinn, schonn eng gutt Aarbecht mécht, awer net déi richteg adequat Prise en charge fir se all kann assureieren. Natierlech hunn och déi aner zwee Centren, déi elo geschafe ginn, vun de Verhalensschwieregkeeten a vun den héich Begabten, hir Berechtigung.

E wicHTege System aus de bisherege Kompetenzcentren, deen och fir d'Zukunft gëlle wäert, ass folgenden: D'Kanner ginn d'office an eng regulär Klass ageschriwwen. D'Eltere mussen also net nees derfir kämpfen, dass hiert Kand an eng normal Klass ka goen. Par contre, wann et am Interêt vum Kand an de Wunsch vun den Elteren ass, dass hiert Kand un engem adaptéierten Unterrecht an engem Kompetenzzentrum soll deelhuele, dann ass déi Méiglechkeet do och ginn. Hei geet et also drëms, eng Prise en charge ze assureieren, déi subsidiär ass - et ass virdrun och scho gesot ginn -, déi ënnerstëtzend, déi begleetend ass zu deem, wat den Enseignant an der Klass alles elo scho virgesinn huet.

D'Centres de compétences kënnen a sollen der Regelschoul also mat Conseil a Guidance zur Säit stoen. Et ass als Enseignant iwwerhaapt net einfach, sech op all déi spezifesch Situatiounen vun deene verschiddene Kanner anzustellen. Et brauch ee bei där enger oder anerer Situatioun Hëllef, Berodung, e gudder Rot, eng professionell Hëllef, fir mat engem spezifesch Fachberäich och dann eens ze ginn. Dem Enseignant ass sécherlech gehollef, wann en op professionell Hëllef kann zrëckgräifen. An dësen Ambulatoire muss da wierklech natierlech och vun all Centre de compétences ugebuede ginn a vun der Regelschoul als déi erwaart Hëllef och ugesi ginn.

Positiv ass och, dass et bei dësem Service ambulatoire wäert esou sinn, dass mer d'Personal esou no wéi méiglech bei d'Kanner bréngen an net ëmgedrëit. Dat wäert am Umkehrschluss natierlech och heeschen, dass vill Leit vill Zäit am Auto verbréngen, fir vun enger Plaz op déi aner ze fueren. Hei muss een dann no praktesche Léisungen um Terrain sichen.

WicHTeg wäert natierlech och sinn, wéi d'Kompetenzen tëschent de Centres de compétences opgedeelt ginn. Wéi ass d'Prise en charge vu Kanner mat multiple Schwierigkeeten, wou e puer Kompetenzcentren zoustänneg sinn? Do muss eng gutt Koordinatioun geschéien. Do muss sech ofgeschwat ginn, fir dass d'Population cible net verpasst gëtt a fir dass och keen double Emploi gemaach gëtt.

Ee weidere positive Punkt vum Projet: déi nei geschafene Agence, déi déi Jugendlech da bei dem Iwwergang an d'Aarbechtsschoul begleet wäert. Während d'ADEM natierlech responsabel bleift fir de Placement um Aarbechtsschoul vun allen Aarbechtssichenden an domat och vun den Aarbechtssichende mat speziellem Förderbedarf, ass et awer wicHTeg, dass duerch déi nei Agence ee méi enke Kontakt hiergestallt gëtt tëschent dëse Jonken, hire Formateuren aus dem Kompetenzzentrum, der ADEM an de Patrone vum éischten Aarbechtsschoul oder vun den Ateliers protégés, jee nodeem, wat fir dëse Jonken déi beschten Optioun dann ass.

Och grad hei si bei de Privatpatronen nach ëmmer vill Viruerteeler ofzebauen, wat d'Astelle vun enger Persoun mat Förderbedarf ugeet, well - jo! - déi oft, oder éischter als Laascht wéi als Atout ugesi gëtt an engem Betrieb. An d'Agence kann do sécherlech hëllefen, och hei weider Efforten ze maachen.

An déi Agence ass wicHTeg, well d'Eltere sech vill Froe stellen, wat geschitt, wa si méi al ginn, wann hir Kanner méi al ginn, wann d'Schoul bis eriwuer ass. Den Iwwergang vu Schoul op Aarbecht ass e ganz essenziellen. E muss gutt préparéiert ginn an d'Agence dréit sécherlech dozou bäi, dass d'Elteren der Zukunft méi berouegt kënnen entgéintkucken. D'Martine Mergen huet dat och ganz gutt virdrun ernimmt.

Ausserdeem gëtt mat dësem Gesetz d'Commission nationale d'inclusion, d'CNI, geschafen, déi déi fréier CCPN ersetzt. Si ass dann zoustänneg derfir, wéi eng Kanner wou betreit ginn. Och hei gëtt den Akzent erëm op d'Inklusioun geluecht. An den Accord vun den Eltere muss dann och hei gi sinn.

Doduerch, dass mer national Kompetenzzentren hunn, kënnen d'Intervenanten am Idealfall iwwert d'ganzt Land esou agesat ginn, wéi se am dréngendste gebraucht ginn an am effikasssten och kënnen schaffen. Dat ass emol d'Zil.





Déi präventiv Aarbecht dierf net ganz aus de Schoule verschwannen.

Duerfir brauche mer och erëm genuch Personal. An d'Personalfro, déi virdrun och gestallt ginn ass, ass eng Fro, déi natierlech bei alle Schoulprojeten ëmmer erëm zrëckkënn.

Wou solle mer dat spezifesch ausgebild Personal fir dës Kompetenzzentren och ëmmer hierhuelen? An och, wann et elo méi kloer gëtt, wat d'Ästellung vun de Leit gëtt, well se jo mat deene Kanner mat spezifesch Besoinen elo solle schaffen, well et jo och elo iwwert de Contingent soll lafen, esou ass et awer effektiv och wouer, dass déi Leit net einfach direkt elo esou séier do sinn.

Mir müssen duerfir och an der Personalpolitik laangfristeg plangen. Wa mer haut kloer soen: An den nächste Jore ginn esou vill Orthophonisten, Logopäden, Psychomotoriker an ech weess net, wat nach alles, gebraucht, dann ass dat eng Info, déi och bei de Leit vum CEDIES, déi och bei de Proffe vun de Schüler muss ukommen, fir dass d'Schüler sech eventuell och fir déi Beruffer interesséieren an decidéieren, doranner hir Ausbildung dann och unzegoen. D'Orientatioun vun de Schüler, déi muss en Deel vun der ganzer Politik sinn, déi vu vir bis hannen duerchduecht muss sinn.

Mir schafen haut e Gesetz a ginn domadder e Signal, wat mer an der Zukunft brauchen, fir dass mer an dräi bis siwe Joer och um Terrain do ukommen, wou mer hiwëllen. Dat mag laang erschéngen. Mä wa mer wëllen anstänneg schaffen, da muss mer och iwwert d'Legislaturperioden eraus Projekte maachen an net all fënnef Joer en neie System installéieren.

Mat dësem Gesetz maache mer dat: Mir kucke laangfristeg. An duerfir ginn ech heimat och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché fir déi gréng.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och an eisen Ae verfollegt dëse Projet de loi ganz kloer d'Zil, déi schoulesch Inklusioun weiderzedreiwen am Sënn vun enger École pour tous, esou wéi de Kolleg Lex Delles et a senger Presentatioun gutt ausgedréckt huet. An ech wëilt him och villmools Merci soe fir säin interessante Rapport.

De Projet de loi baséiert op der Behënnerte-rechtskonventioun vun de Vereenten Natiounen, déi mir am Joer 2011 ratifizéiert hunn. Domat huet Lëtzebuerg sech kloer dozou engagiert, et net bei Ofsichtserklärungen ze be-loossen, mä d'Konventioun Schrëtt fir Schrëtt mat konkrete Moosnamen ëmzesetzen. Esou och am Enseignement, wou d'Exklusioun vu Kanner mat spezifesch Besoine jorzéngtelaang d'Regel war.

Dir Dammen an Dir Hären, an der Zäit hunn net nëmme munch Elteren, mä souguer Enseignanten déi schrecklechst Wieder benotzt, wann et drëms gaangen ass, Klassen ze beschreiwen, an deenen d'Kanner mat Léierschwieregkeeten oder kierperlechen Defiziter ausgeschloss gi sinn. Ech denken, dass all déi vun lech, déi scho méi laang op dëser Welt ënnerwee sinn, sech gutt un déi Terme kënnen erënneren. Et war puer Diskriminatioun!

Deemgéintwuer waren Terme wéi Integratioun an Inklusioun bis eran an d'1990er Joren zu Lëtzebuerg kaum en Thema. A wann een déi Termen haut an de Mond hält, da muss ee sech och ëmmer nees bewosst ginn, wat se bedeuten a wat se ënnerscheet.

Schonn am Joer 1996, dat ass nach net gesot ginn, laang virun der Ratifizéierung vun der Behënnerte-rechtskonventioun, huet Lëtzebuerg sech mat dëser wichteger Thematik ausernee-gesat an huet sech eng Charte ginn, fir der Exklusioun vu Schoulkanner aus de Regelklassen en Enn ze setzen. Dës Charte war zwar e klengt, mä net onwichtig Virleeferdokument vun der UN-Behënnerte-rechtskonventioun an huet festgehalen, dass déi Lëtzeburger Schoul eng Schoul fir all Kand muss sinn an nom Prinzip vun der Inklusioun muss funktionéieren.

Laut deem Prinzip ass et net um Kand mat engem Defizit oder engem Handicap, fir sech esou wäit unzepassen, dass et an de System integréiert ka ginn, oder anescht gesot „passend“ ka ginn. Ganz am Géigendeel, et ass d'Aufgab vun der Schoul, fir derfir ze suergen, dass all Kand mat sengen individuelle Fäegkeeten, Schwächen an Talenter um normalen Unterrecht kann deelhuele. Dat heescht, den Defi vun der Verännerung läit an deem Fall bei der Schoul, an et ass och déi Approche, déi mat dësem Projet de loi ugestriift gëtt.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Dir Dammen an Dir Hären, wann et dann drëms geet, all Kand beschtméiglech an dësem System ze fërdere, dann trenne sech d'Geeschter. An engem gewëssene Sënn kann ee behaupten, dëst Gesetz géif de Prinzip vun der Inklusioun net ëmmer respektéieren, well et aacht verschidde Kompetenzzentre schafft respektiv bestoender um Liewen hält oder se reforméiert. D'Madamm Mergen huet dee Volet jo och kritiséiert. Jee no hire sozialen, kierperlechen a mentale Bedürfnissen, hirem Verhalen an hiren Talenter ginn d'Kanner effektiv fir eng méiglechst limitéiert Zäit awer an déi Zentren orientéiert, wou hinnen eng intensiv a fachgerecht Ënnerstützung soll zoukommen.

Dir Dammen an Dir Hären, domat sinn ech bei de Risiken an de Schwierigkeeten, déi d'Konzept vun der Inklusioun, vun der totaler Inklusioun an eiser historesch gewuessener Schoullandschaft mat sech bréngt. Vill Wëssenschaftler hu sech méttlerweil mat deem Thema beschäftegt a wäerten dat och weiderhi maachen. Eng absolutt Wourecht gëtt et an dëser Matière net. An ech ka soen, als Léierin, déi 28 Joer Schoul gehalen huet a wierklech vill Kanner mat besonnesche Bedürfnissen an hirer Klass hat, hunn ech mech ganz vill mat deem Thema beschäftegt an hunn et och um Terrain konkret erlieft.

D'Vertrieder vun der kategorescher Inklusioun, wéi zum Beispill de beschtbekannten däitschen Dokter a Professor Andreas Hinz, gesi schonn eleng d'Konzept vun sonderpädagogesche Förderbedarf als problematesch un. An enger 100% inklusiver Gesellschaft där et de Beruff vum Sonderpädagog eigentlech guer net méi ginn, laut där Theorie, well e geduecht ass, fir betraffe Kanner sonderpädagogesch ze behandelen an domat ze kategoriséieren. Dat heescht, den onageschränkten Zougang zu de Regelklasse muss an deem Konzept fir all Kand eng Selbstverständlechkeet sinn, mam Zil, dass et als Erwuessene fäeg gëtt, selbstbestëmmt ze liewen, matzebestëmmen a matzestalten.

Dir Dammen an Dir Hären, ëm genee datselwecht Zil geet et allerdéngs och bei der zweeter Approche, déi un der Sonderpädagogik festhält. De Wee ass hei allerdéngs en aneren. E setzt op spezifesch Fördermoosnamen, a speziellen Zentren an dësem Fall, wou d'Kanner an de Regelklassen iwwerfuert sinn; an d'Enseignanten net manner.

Madamm Presidentin, déi prinzipiell Fro, déi sech an dësem Zusammenhang stellt, ass déi, ob en Unterrecht ouni d'Abannung vu Spezialisten iwwerhaapt ka gutt funktionéieren. Vill unerkannte Fachleit stinn dëser entspezialisierter Form vun Unterrecht jiddefalls kritesch vis-à-vis, an där ginn et der grad esou vill wéi där anerer. Ganz einfach, well et bal onméiglech ass, dass eist breet ausgebild Léierpersonal ëmmer an alle Situatiounen alle Kanner gerecht ka ginn.

An anere Wieder: Wann d'Enseignantë breet forméiert sinn, wat se an eiem Land jo duerchweegs sinn, da feelt et hinne munchmol un der néideger Fachkompetenz. Mam Risiko natierlech, dass eng bedéngungslos a konsequent Inklusioun vun engem Kand mat spezifesch Besoinen an der Vernoléissegung vun deem Kand kann endegen.

Dat där natierlech net geschéien an dat soll mat dësem Projet de loi verhënnert ginn!

Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Kanner beschtméiglech trotzdem zesummenzehalen an de Risiko vun der Vernoléissegung auszuschléissen, mécht dëse Projet de loi am Fong eng Zort Spagat oder eng Gratwanderung. Op där enger Säit respektéiert en de Prinzip, dass all Kand d'Recht op eng Plaz an der Regelkschoul huet a behält. Dat ass wichteg a relevant fir dëse Projet de loi. Op där anerer Säit leet e Wäert drop, dass all Kand entsprechend sengem Profil beschtméiglech gefërdert gëtt.

Am Sënn vum sougenannten „Fallkonzept“ ass et fir d'Eischt emol un der Schoul, fir eng optimal Fërdere op d'Been ze stellen. Och dat ass wichteg, gesot ze sinn. Sollten trotz allen Efforten, déi do erfollegen, Schwierigkeeten optauchen, gesäit de Projet de loi vir, dass d'Schoul e gewëssene Pool u Fachkräften a Mëttel zur Verfügung stellt kritt, fir op déi Schwierigkeeten ze reagéieren.

Sollt et sech dann awer erausstellen, dass et och domat net duergeet, fir de Besoine vum Kand gerecht ze ginn, kënnen d'Kompetenzzentren och ausserhalb vun der Schoul aktiv ginn.

E positiven Aspekt ass dobäi, dass de Profiler vun de Kanner mat dëser Approche méi wéi jee Rechnung gedroe ka ginn. Dozou just ee Beispill: Wéi wichteg eng zousätzlech Hëllefstellung ka sinn, fir verhalensopfälleg oder carrement aggressiv Kanner ze encodéieren, weess all Mënsch, dee scho virun enger Klass stoung.

D'Missioun vum Kompetenzzentrum besteet an deem Fall net doran, d'Kanner aus dem

Grupp ze isoléieren, fir se ausserhalb vum Grupp mat alle Mëttelen a Methode rouegzustellen. D'Missioun besteet villméi doran, d'Ursaache vun der Verhalensopfällegkeet ze erfuerschen an alles drunzesetzen, fir dass et dem Kand lues a lues besser geet.

Verhalensopfälleg Kanner, Dir Dammen an Dir Hären, sinn näamlech keng béis Kanner, mä onglécklech Kanner.

E Kand, wat am familiären Alldag Gewalt erlieft oder net genuch Zouwendung a Vertraue kritt, riskéiert ganz einfach, verhalensopfälleg ze ginn, well seng primär Bedürfnissen net erfëllt sinn. Um Kompetenzzentrum ass et dann, zesumme mat den Elteren a professionelle Partner e Plang auszuschaffen, fir d'Kand op fest Feiss ze stellen a seng Startchancen an d'Liewen domat ze verbessere.

Eng äänlech individuell Approche hunn och déi siwen aner Kompetenzzentren, déi alleguer op een eenzege Beräich spezialiséiert sinn an ëmmer gehale sinn, d'Eltere mat anzebannen. D'Zäiten, wou d'Spezialiste vun der Ediff sech eng Stonn ëm d'Fërdere vun engem Kand mat Autismus hu misse këmmere, déi Stonn duerno ëm d'Fërdere vun engem Kand mat enger psychescher Problematik an déi Stonn duerno ëm d'Fërdere vun engem Kand mat enger Lies- a Rechtschreiftschwächt, sinn domat endlech eriwuer.

Dir Dammen an Dir Hären, dat kléngt alles ganz positiv a mir sinn iwwerzeegt, dass dës Reform och positiv wäert verlafen, wann d'Ëmsetzung um Terrain geléngt. Duerfir mussen genuch Ressourcë mobiliséiert ginn - dat ass eis ganz wichteg! - an d'Organisatioun muss och klappen.

An där Hinsicht, menge mer, bleift nach munches ze klären an et bleiwen nach vill Froen ze beäntweren, wou ech der e puer wëilt hei stellen. Besonnesch well d'Reglements grand-ducaux, déi de Fonctionnement vun deenen eenzelnen Zentre regele sollen, nach net virleien, mä zum Gléck - den Här Minister huet mer dat virdru bestätegt - si se ënnerwee a wäerten a kuerzer Zäit presentéiert ginn.

Virun allem muss bei der Ëmsetzung vun dësem Projet de loi séchergestallt ginn, dass d'Chancégläichheet garantéiert ass, och hei, an dass all Kanner mat spezifesch Besoinen dëselwecht Rechter kréien an d'selwecht behandelt ginn. Dat heescht zum Beispill, dass e Kand, deem seng Eltere mat eiem komplexen administrative System iwwerfuert sinn, net därëf benodelegt gi par rapport zu engem Kand, deem seng Eltere sech perfekt an eiem Administratiounsdschungel auskennen a wëssen, wéi se sech sollen uleeën, fir dat Beschit fir hiert Kand erauszuschloen.

Datselwecht zielt och fir e jonke Mënsch, e Jugendlechen, dee vill op sech selwer gestallt ass an doheem keng Ënnerstützung kritt. Dëse Jonke muss a gläichem Mooss vun engem Kompetenzzentrum profitéiere kënnen wéi e Gläichaltregen, deen op d'Ënnerstützung vu senger Famill ka bauen, an datselwecht zielt dann och fir d'Hëllef vun der Agence de transition à la vie active, déi mer ganz besonnesch begreissen.

Mir hoffe jiddefalls, dass et net zu Muecht-kämpf kënnt tëschent deene verschiddenen Ebene vun Ënnerstützung an domat och net zu der Bevürdelegung vu Kanner aus besser gestallten a besser informéierte Schichten.

Eng aner Suerg, Här Minister, déi eis als Gréng beschäftegt, bezitt sech op d'Mëschung vun de Gruppen. Wann d'Inklusioun am Mëttelpunkt soll stoen, da muss et och erlaabt sinn, d'Fërderegruppen ze mëschen. Dat heescht zum Beispill an de Kompetenzzentren, dass d'Fachleit d'Méiglechkeet kréien, e Kand, fir dat si eng Prise en charge assuréieren, mat anere Kanner zesummenbréngen. Dat heescht, d'Diversitéit vun de Gruppe muss séchergestallt ginn.

Dee Fall stellt sech zum Beispill am Kompetenzzentrum „Sprooch, Héieren a Kommunikatioun“, dem haitege Centre de logopédie. Hei muss et méiglech ginn, héiergeschiedegt Kanner mat anere Kanner zesummenzebréngen. Dat erlaabt net nëmme den héiergeschiedegte Kanner, dass déi sech um sougenannte Mondbild vun net héiergeschiedegte Kanner orientéiere kënnen a vun hinne léiere kënnen, et erlaabt hinnen och, realitéitsno Situatiounen ze erliewe mat Gläichaltregen an den Uschloss zu hirem sozialen Ëmfeld net ze verléieren.

Weider Froe stelle sech dann um Niveau vum Personal a vu sengem Rekrutement. Där sinn der schonn eng Rei opgeworf ginn. Eng wichteg Fro stelle mir eis och, et ass déi, wéi en Impakt d'Ästellung vu qualifiziertem Personal an d'Kompetenzzentren op d'Penurie vu qualifiziertem Personal an der Grondschoul hat a weiderhi wäert hunn. Wat näamlech méi qualifiziert Personal aus de Regelklassen un e Kompetenzzentrum detachéiert gëtt, wat méi quali-

fizéiert Personal um Terrain vun de Klasse feelt. An do feelen der jo haut scho vill.

Woubäi mir och wëlte wëssen, Här Minister, ob d'Posten, déi an Zukunft an de Kompetenzzentre besat solle ginn, ëffentlech ausgeschriww wäerte ginn. Mir denken, dass mer do un eng ganz Rei Leit kommen, déi de Moment net vum System erfaasst sinn. Dee Volet ass interessant fir Leit, déi momentan vläicht nach guer net am Schoulsystem schaffen.

Eng aner Fro, Här Minister, bezitt sech op de sougenannte PEI, de Plan éducatif individualisé. Hei wëlte mir wëssen, ob an Zukunft fir all Kand, wat vun engem Kompetenzzentrum suivéiert gëtt, wierklech e PEI muss opgestallt ginn, esou wéi et am Artikel 5 vum Gesetzesprojet suggeréiert gëtt. Am Fall, wou e Kand léierplanggetrei ënnerriicht gëtt, war e PEI bis haut net néideg. Wann en dann an Zukunft soll obligatoresch ginn, da bedeit dat an eisen Aen awer e grouse Surplus un administrativem Opwand, op dee mer awer léiwer géife verzichten.

Eng Fro, Dir Dammen an Dir Hären, stellt sech och um Niveau vun den Infrastrukturen. An der Educatiounskommissioun ware mer frou ze héieren, dass déi staatlech Loyerskommissioun an Zukunft méi Efforte wëllt maachen, wann et drëms geet, hir eege Raimlechkeet fir d'Kompetenzzentren an der Proximitéit vun de Schoulen zur Verfügung ze stellen.

Dat ass wichteg, fir ze verhënnere, dass d'Kanner aus hirem soziale Milieu erausgerappt ginn a wäit Distanze mat hiren Eltere müssen zrëckleeën. D'Erfahrungen, déi ech als Schoulschäffin vun enger gréisserer Gemeng mat der staatlecher Loyerskommissioun gemaach hunn, kënnen jiddefalls nëmme besser ginn.

Et kann net sinn, dass d'Gemenge müssen asprangen an opkommen, fir staatlech Schoulorganer ënnerzebréngen an der Proximitéit vun de Schoulen an dann net dofir entschidegt ginn! Jiddefalls schéngt et fir eng Rei Kompetenzzentren, déi nach a provisoeresche Strukturen ënnerbruecht sinn, bis ewell net kloer, wou se hir definitiv Raimlechkeete wäerte kréien a wéi eng Kritären dobäi müssen erfëllt ginn.

Nieft der Aarbecht an de Klasse selwer muss et jo méiglech ginn, a klengen oder gréissere Gruppen ze schaffen, ganz differenziéiert, jee no Fall, Eenzelfërdere a verschiddene Beräicher ze maachen oder awer therapeutesch aktiv ze gi respektiv och Psychomotorik mat de Kanner ze maachen.

Datt dës Tächen net an de Schoulgäng, de Kopieszëmmeren oder de Virraim vun den Toilette kënnen realiséiert ginn, läit fir eis alleguer op der Hand, wuel wëssend, dass d'Gemengen hir Verantwortung müssen iwwerhuelen, wann et ëm déi intern Raim vun der Grondschoul geet, während de Stat um Niveau vum Enseignement secondaire gefuert ass.

Dir Dammen an Dir Hären, alles dat si wichteg Froen, déi nach gekläert mussen ginn. Als Gréng hoffe mir dat Beschit a mir wënschen dësem Projet de loi e groussen Erfolleg, well wann d'Ëmsetzung geléngt, da liwwert en e wäertvolle Bäitrag zu enger besserer Schoulbildung, bessere Berufschancen an engem gudde Start an d'Liewe fir all eis Kanner.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci der Madam Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Madamm President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och ufänke mat engem häerzleche Merci un den Här Delles, deen eis hei dee Projet presentéiert huet. Ech muss soen, et ass elo eng Diskussioun, déi mer verfollegt hunn, déi vu lauter Spezialiste gefouert gouf. Mir haten d'Meenung vun engem Dokter, vun dräi Schoulmeeschteren, vun engem Educateur. An, ech mengen, si alleguer si wierklech héich qualifizéiert, fir dëse Projet ze belichten.

Et ass un eis, fir elo vläicht zwee, dräi politesch Kommentarer ze maachen, well ech mengen, de Fong ass wierklech hei gutt belicht ginn.

Deen éischte Kommentar ass, dass mer dat, wat d'Madamm Mergen hei gesot huet, ganz gutt verstinn. Och mir haten déi Diskussioun bei eis, wéi mer eis zu dësem Projet de loi solle stellen, well en eis net zefriddestellt. Et si ganz





vill Froen, déi sech dra stellen, mä mir hunn awer decidéiert, à l'unanimité, datt mer dat heiten ënnerstëtzen,...

**(Interruption)**

...datt mer et ënnerstëtzen...

**(Brouhaha)**

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Och dat gött et!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat ass eng Konscht! Bei e puer staarke Charakteren ass dat eng Konscht, mä mir hunn dee Wee gewielt a mir ënnerstëtzen dat hei, well mer der Meenung sinn, datt all Schrëtt, deen an d'Richtung geet, fir déi Kategorië vu Mënschen ze ënnerstëtzen, fir hinnen ze hëllefen, fir hirem Ëmfeld ze hëllefen, an déi richteg Richtung geet. An dowéinst wëlle mir och dee politesche Geste maachen a jo soen zu dësem Projet. Net aus Begeescherung, mä fir d'Richtung ze ënnerstëtzen.

Dat Zweet ass, datt mer eis awer och gefrot hunn an dësem Zesummenhang, elo, wou mer praktesch um Enn vun der Legislaturperiod sinn, ob mer zefridde si mat der Aarbecht, déi Gambia geleescht huet, fir iwwerhaapt Leit mat enger Behënnerung ze ënnerstëtzen. Ass an deene fënnf Joer genuch geschitt fir déi Leit? Do si mir der Meenung: Et ass net genuch geschitt, och wann hei den Här Meisch...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat war och eestëmmeg!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat war och eestëmmeg. Well och wann den Här Meisch wuel Saache geholl huet a sengem Kompetenzberäich - hei si jo déi 150 Schoulmeeschtere rappeléiert ginn, dëst Gesetz gehéiert derzou, aner Moosname kommen elo nach bis zum Enn vun der Legislaturperiod, do och d'Unerkennung vun der Gebärdesprooch -, et si Saache geschitt, mä a fënnf Joer u sech net vill. Wann ee kuckt, wat dës Regierung mat enger Energie an aneren Domänen investéiert huet, déi hir wichteg waren, wat do fir eng Energie, eng Konsequenz, finanziell Mëttelen dragesat goufen, dann ass dat hei wäit zrëck bliwwen.

D'ADR huet fir sech decidéiert, datt mir aner Prioritéite setze wéi dës Regierung. An eben den Ëmgang, d'Hëllef fir déi Leit, déi besonnesch Hëllef brauchen, dëse mënschlechen Engagement, deen ass fir eis mat un éischter Plaz. Mir hätte gär, datt mir alleguer och mënschlech wuessen, datt eis Gesellschaft dru wüsst, datt mer déi Leit, déi Problemer hunn, an eis Mëtt huelen, datt mer si ënnerstëtzen. Dat ass en Opdrag, dee mir mat op déi éischt Plaz setzen an eiser politescher Aarbecht.

Wat elo dëse Projet ugeet, ass e wirklech, mengen ech, esou in extenso beschriwwen an diskutéiert ginn, datt ech dat net hei brauch ze widderhuelen. Ech wëll just soen, datt mir mat op de Wee vun der Inklusioun ginn. Dat ass richtig. Et muss een allerdéngs och do realistesch sinn. Et kann net en absolutten Usproch sinn.

Et muss een ëmmer kucken: Wat ass méiglech? Wat ass wirklech och am Interess vum deene Beträffenen? Wat ass méiglech am Schoulbetrieb? Wann ech der Madamm Lorsché hir Ausféierungen hei verfolgegt hunn, mat zum Beispill deene Kanner, déi divers Bezeichnungen hei kruten: „verhalenskreativ“ sot den Här Baum, „verhalensopfälleg“ soten anerer, anerer géife soen „Kanner, déi vläicht och e Gewaltpotenzial hunn“.

Wann een dann do iwwerleet: Sinn déi iwwerhaapt... Ass et vertrietbar, eng inklusiv Approche ze hunn? Awéiwäit? Ech mengen, mir als ADR, mir huelen do einfach e realistesch Usaz a keen dogmateschen Usaz am Sënn vun enger Rigueur an eiser Approche. En Dogma ass jo heiansdo eng Erlichung, mä hei schwätzen ech net vun der Erlichung, mä vun der Rigueur.

An dat ass, mengen ech, net de Fall. Et muss een eng pragmatesch, eng Flexibilitéit hunn an ëmmer ofweien: Wat ass wirklech sënnavoll am Sënn vum Beträffenen an am Sënn vum Schoulbetrieb allgemeng?

Och d'Transitioun an d'Beruffsliewen ass hei ernimmt ginn. An et ass wirklech en essenzielle Beräich, mä alt erëm eng Kéier: Wann een esou vill Kategorië vu beträffene Leit kuckt, huet dann dës Regierung wirklech eppes geleescht, fir deene Leit, déi eng Behënnerung hunn, eng besser beruflech Perspektiv ze erméiglechen? Huet se eppes geleescht, fir hinnen an anere Beräicher vum Alldag wirklech entgéintze kommen: am Wunnen, an der Remuneration, an esou villen anere Saachen, déi ee kéint nennen? Wéi gesot, déi Legislaturperiod ass eng verpasste Chance gewiescht an dësem Beräich.

Selbstverständlech, wann de Projet seet, mir mussen no um wëssenschaftleche Fortschrëtt sinn, mir musse genuch finanziell Moyene mobiliséieren, da si mir déi Lescht, déi soen, mir wäeren net d'accord, awer mir sinn awer net zefridden, well déi Manéier, wéi all déi Saachen ëmgemat ginn, ass dach ganz Gambia-méisseg, ganz bürokratesch. Och hei hu mer Begrëffer, déi an där ganzer Legislaturperiod ëmmer erëmkomm sinn, wéi déi Cellule de développement scolaire, dee Plan de développement scolaire.

Mir kreéieren aacht Strukturen hei, wou mer och gläichzäiteg am Gesetz soen: Déi aacht Strukturen mussen zesummeschaffen! Synergie mussen entstoën! An da kann ee sech jo froen, ob et wirklech néideg ass, aachtmol eng Struktur ze schafen, wann een dat hätt vläicht kënne anescht upaken.

Och muss ee sech froen: Déi Zentren, mat deenen dräi neien, déi hei geschaaft gi sinn, passen déi vun hirer Natur aus an dat Gesamtkonzept, dat jo awer méi op d'Behënnerung ausgerichtet ass, op d'Erfüllung vun der Behënnerterrechtskonvention, wéi Verschiddener et ënnerstrach hunn. Ass zum Beispill en Zentrum fir Héichbegabter op der Plaz, an esou engem gedankleche Konzept? Ass och eng Plaz fir Leit, déi, wéi hei elo och gesot gött, vläicht sozioemotional Schwierigkeeten hunn, déi Verhalenskreativ, déi Verhalensopfälleg an esou weider an esou virun? Ass dat déi richteg Plaz?

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Ass et och net falsch, déi perséinlech Verantwortung ze vermësche mat enger Gesellschaft oder mat engem gesellschaftlechen Opdrag? Mir hunn hei eng ganz aner Situatioun. Natierlech kann et sech ëm onglécklech Kanner handelen, déi da vläicht op déi Manéier hirem Frust Ausdruck ginn. Dat muss awer net ëmmer de Fall sinn. A mir mussen och do einfach kucken: Wa mer esou Situatiounen hunn, wéi gi mer am beschten dermat ëm? A loosse mer och net den Einzelnen aus senger Verantwortung entloossen, zemoos wann e schonn e bësse méi all ass!

Mir hunn also, wéi gesot, déi Decisioun geholl, datt mer mat op de Wee ginn, fir dat heiten ze ënnerstëtzen, bestëmmt net aus Begeescherung, bestëmmt net, well mer mat der Approche vun der Regierung d'accord sinn, mä fir ee Message ze ginn, dee gutt an eist Gesamtkonzept erapast. Dat ass eis absolutt Verpflichtung géintwuer deene Leit, déi Hëllef brauchen, well mir sinn och do als Politik, fir déi opzefänken, fir déi ze begleeden, déi genauou wéi mir Deel vun eiser Gesellschaft sinn an an d'Mëtt vun eiser Gesellschaft gehéieren.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här Président. Mir hu virdru ganz vill Baiträg héieren iwwer eng inklusiv Schoul, déi mer alleguerte wëlte cibléieren, déi mer alleguerten ustriewen. Vläch eng inklusiv Schoul och als Grondlag vun enger inklusiver Gesellschaft, vläch souguer als Voraussetzung vun enger inklusiver Gesellschaft.

Mir hunn et elo haut hei mat engem Projet ze dinn, dee vläch als leschte Volet vun der Saga vun der inklusiver Schoul um Programm steet, wéi se sech den Educationnsminister virstellt, also d'Kreatioun vun aacht Kompetenzzentren fir d'psychopädagogesch Betreuung vu Schüler mat spezifesch Bedürfnisser. Eng Saga an dräi Akten, well dësem Gesetz sinn och schonn aner Gesetzter virausgaangen, déi zum Deel och d'Basis heifir liwweren, mat deene mer och zum Deel awer eis Schwierigkeeten haten.

No:

- der Schafung vun de regionalen Direktiounen an dem Plan de développement scolaire an der Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques, den ESEB;

- dem Rekrutement vun 150 Instituteurs spécialisés an der Sclarisatioun vu Kanner mat spezifesch Bedürfnisser, den I-EBSe - dat ass e Rekrutement, deen an de Schoule stattfonnt huet -;

- der Schafung vun de Commissions d'inclusion scolaire op regionalem Niveau;

- den Amenagement bei den Evaluationsaarbechten an Ofschlossexame vu Schüler mat spezifesch Bedürfnisser, schéngt also elo dem Minister säi Versprieche vun enger inklusiver Schoul endlech verwierklecht ze ginn iwwert d'Schafung vun de psychopädagogesch Kompetenzzentren, iwwert déi mer haut hei ofstëmmen. Mä mer mussen eis awer d'Fro stellen, ob et wirklech de Fin mot ass vun enger inklusiver Schoul oder ob et net eng

éischt Etagg dohinner ka sinn a wou och schonn aner Elementer an deem Wee dohinner an deene leschte Méint a Jore gestëmmt gi sinn, déi éischter en Obstakel dohinner duerstellen.

Duerfir erlaabt mer kuerz, dëse klunge Sprong zrëck an d'Zäit vun de gesetzleche Virreider vun dësem Projet, fir vu vireran eng Rei Onkloerheeten, Kritikpunkten opzedeecken, vun deene sech dëst Gesetz net konnt befreien an déi och bewierken, datt d'Schoul och an Zukunft net wäert esou inklusiv sinn, wéi ee sech dat awer vläch wënsche géif.

Allgemeng kann ee soen, datt duerch all dës vergaange Mesuren, déi ech elo opgezielt hunn, déi administrativ Chargé vun den Enseignanten, an niewelaanscht gesot och d'Ongläichheeten an de Carrière vum spezialisierte Schoulpersonal, an der Vergaangenheet gewuess sinn. Mir haten nach virun zwou Wochen d'Debatt hei an der Chamber iwwert d'Penurie vum Schoulpersonal am Fondamental. An een Element dovunner ass sécherlech och déi administrativ Surcharge vum Léierpersonal, déi sécher net derzou bäidréit, dee Beruff méi attraktiv ze maachen.

Zënter dem Optakt vun der Reform vum Fondamental hunn d'Enseignanten net nëmme méi administrativ Aarbecht a manner Zäit a Moyene fir den Unterrecht u sech, mä si ënnerleien och enger permanenter Evaluatioun entspreichend enger gewëssener Kompetitivitéitslogik, och enger Kompetitivitéit tëschent de Schoulen. A mir hunn den Androck, datt an der Vergaangenheet an och zum Deel heimadder en administrative Waasserkapp geschaaft gött mat enger Hällewull vu Strukturen, Institutiounen a virun allem Prozeduren, an deenen ee sech ganz séier verlafen a ganz séier verire kann. An dat gëllt, mengen ech, fir alleguer d'Akteuren, déi betraff sinn.

Mir hunn och an der Vergaangenheet festgestallt, datt den Dialog mat de Concernéierten, den Enseignanten, awer och deenen aneren Intervenanten um Terrain zumindest suboptimal war. An ech erënneren och nach drun, datt just opgrond vum Engagement vu Gewerkschaften an Enseignant vum der Éducation différenciée konnt verhënnert ginn, datt 169 Enseignante vun der Ediff ouni Consultatioun detachéiert gi wieren an déi nei Equipp vun der ESEB, an dat am Kontext och vum Personalmangel vun der Ediff.

Här Präsident, dëse Projet, eleng gekuckt, stellt sécherlech Verbesserungen duer. E stellt awer och eng ganz Rëtsch Froen, déi och verschidde Virriedner opgeworf hunn. Allgemeng stellt sech och elo, an och mat dësem Projet nach ëmmer d'Fro vun der Definitioun vun de spezifesch oder speziellen educative Bedürfnisser vun engem Schüler oder, besser gesot, vun der Approche, mat där dës Bedürfnisser identifizéiert ginn.

Spezifesch Bedürfnisser loosse sech net eleng op Dysfonctionnement, motoresch Stéierungen, visuall a logopädesch Behënnerungen, Verhalensstéierungen, intellektuell Defizienzen oder, am Géigendeel, Iwwerkompetenzen, also d'Surdouéen - déi sougenannten -, dat léisst sech alles net dorobber reduzéieren.

Mir mengen, datt eng inklusiv Schoul och beidit, datt all Schüler spezifesch Bedürfnisser huet an datt dës Bedürfnisser der Diversitéit vun de Schüler hei am Land entsprechen. Géife mer, als Beispill, déi eenzel sozial Facteure vun Échec scolaire mat a Betruecht zéien, dann hätte mer vläch wäit méi Schüler mat spezifesch Bedürfnisser.

D'Chancéglichheet an eiser Schoul kann nëmmen da garantéiert sinn, wann d'Inklusioun vun alle Schüler iwwer eng individuell Betreuung an d'Konzentratioun vun den néidege Ressourcen um Terrain, also an de Schoulen an an de Klassenäll, stattfënn.

Eis Enseignante brauchen Ënnerstëtzung, awer virun allem keng weider zousätzlech administrativ Belaaschtung. Déi pädagogesch Betreuungsaarbecht kann a muss besser opgedeelt ginn an esou gutt wéi et geet am Klassenall mam néidegen Equipement stattfannen. Duerfir brauche mer och multiprofessionell pädagogesch Equippen an dat wa méiglech an all Klassenall.

De Rekrutement vun deenen 150 I-EBSe beidit a Wirklechkeet jo esou vill, wéi datt all Schoul een eenzeg I-EBs kritt. Also eppes, wat bāi Wäitem net duergeet an och bāi Wäitem net den Eraufuerderunge vun deenen eenzelne Schoulen an och de Schüler, déi an deene Schoule sinn, entsprécht. Do ass nach ganz vill Sputt no uewen. An et fänkt, wéi esou dacks, mat engem Bewosstsinn vun deem un.

Här Präsident, mir sinn natierlech net géint d'Entwécklung vu psychopädagogesch Zentren, déi sech mat psychologeschen a physesche Verhalensproblemer oder diverse psychomotorische Barrière beschäftegen, doriwwer

recherchéieren an nei pädagogesch Konzepter entwéckelen, fir den Enseignante kooperativ ënnert d'Aerm ze gräfen. Mir denken och, datt d'Personal vun dësen Zentre muss autonom kënne schaffen, an engem Kader, dee fir si och optimal ass. An duerfir menge mer och, datt muss op dat Personal gelauschert ginn.

Mir gesinn awer éischter kritesch, datt d'Zentren an hirt Personal enger konstanter Evaluatioun vu medezinneschem Personal ënnerleien an duerch administrativ Chargé weider bealaascht ginn, datt d'Gefor besteet, datt si sech och doduerjer alt erëm eng Kéier net kënne op dat Wesentlech vun hirer Aarbecht konzentrieren.

Ech mengen, datt et wirklech d'Zil muss sinn, datt verhënnert gött, datt Therapien ugebuede ginn, déi enger reng klinescher Approche ënnerworf sinn, well dat géif näämlech bedeuten - an dat géif et onbedéngt ze verhënnere gellen! -, datt et zu enger Zort Medikaliséierung vum Échec scolaire géif kommen.

Här Präsident, dëst Gesetz huet, eleng gekuckt, sécherlech Fortschreitter, déi een net niéiere kann, mä et reit sech awer an an eng insgesamt Orientéierung vun der Schoulpolitik, déi eis zumindest d'Gelänge vun deem doten a Fro stelle léisst. An duerfir wäerte mer eis bei dësem Projet enthalen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An zum Ofschloss huet den Här Claude Meisch, eisen Erzéiungsminister, d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här Président. Dir Dammen an Dir Hären, Merci virop dem Rapporteur, dem Lex Delles, fir seng Explikatiounen. Merci awer och all den Intervenanten an och Merci fir déi awer ganz breet Zoustëmmung finalement, wou een och gesäit, datt deen een oder deen anere mat sech gerongen huet am Laf vun deene leschte Wochen a Méint.

Ech denken awer, datt dat e gutt Zeechen ass fir d'Lëtzebuerger Politik, wéi deen een oder deen aneren et hei gesot huet, wann et ëm d'Kanner geet, déi eis brauchen, déi Hëllef brauchen, well se iergendwéi en anere Besoin nach hu wéi Kanner, déi vläch vum selwen hire Wee ganz gutt kënne maachen, datt mer do d'politesch Differenze sollen aus de Féiss raumen a kucken, dat an de Vierdergrond ze stellen, wat eis eent. Ech denken, datt dat Signal de Mëtten hei ganz kloer a ganz staark och ass.

Mir sinn eis eens, datt d'Prioritéit bei dësem Gesetz, bei anere Mesuren ass a muss sinn a weider muss sinn: déi vun der Inklusioun. Ze kucken, datt mer eng Schoul hunn, datt mer eng Bildungslandschaft hunn, déi all Schüler mathält, all Kand mathält an den ënnerschiddlechste Besoine vun de Kanner gerecht gött, d'Kanner do ofhëlt, wou se mat hire Viraussetzung stinn, a kuckt dohinnerzekerien, esou gutt wéi méiglech dohinnerzekerien, fir herno hirt Liewe kënne ze maachen. Mir wëssen, datt dat net bei all Kand méiglech ass, mä bei all Kand soll et op de Maximum probéiert ginn, esou fachmännesch wéi méiglech an esou kompetent wéi méiglech.

Normalfall soll d'Inklusioun sinn. Dat war eigentlech theoretesch an den Texter virdrun och schonn esou a gött hei nach eng Kéier ganz daitlech confirméiert. Dat kréie mer awer nëmme realiséiert, wa mer genuch Personal hunn, wa mer Personal an der Schoul hunn, wa mer Personal hunn, kompetent Personal, wat an d'Schoul och nach zousätzlech ka kommen, fir eben de jeweilegen an de ganz ënnerschiddleche Besoine vun all Kand och do kënne gerecht ze ginn.

Et ass de Mëtteg schonn e puermol agaange ginn op deen Dräistufemodell, wou mer d'Schoul stärke mat zousätzlech Personal - 150 Instituteurs spécialisés -, wou mer d'Regioun stärke mat zousätzlech Personal - 2017 an 2018 zesumme sinn do net manner wéi 75 Educateur-graduén, Psychologen, Pädagogen engagéiert ginn - an elo nach eng Kéier 127,5 zousätzlech Poste fir d'Kompetenzzentren, déi och zu engem groussen Deel, net exklusiv, mä zu engem groussen Deel awer wäerten an de Schoulen, bei de Schüler um lokalen Terrain intervenéieren, no engem Subsidiaritéitsprinzip: Do, wou d'Moyene vun der Schoul net méi eens ginn, gräfen d'Moyene vun der Regioun. Do, wou d'Moyene vun der Regioun a vun der Schoul zesummen net méi eens ginn, do muss dann och vum nationale Plang bei spezifesch Besoinen, ganz spezialiséierte Besoinen, eng zousätzlech ambulatoire Hëllef kommen.

An et ass net nëmmen d'Aufgab vum Kompetenzzentrum, direkt mam Kand och um Terrain ze schaffen, et ass och d'Aufgab vun de Kom-





petenzzentren, d'Schoul ze coachen, d'Equipp an der Schoul, déi Professionell an der Schoul ze coachen, fir duerno besser eens ze gi mat deene ganz spezifesch Besoine vun deem jeeweilege Kand, Formatiounen unzëbilde vum Schoulpersonal a vun aneren Intervenanten an der Schoul, fir der Aufgab, déi effektiv net jiddwereen a senger Basisausbildung gesinn huet, fir déi déi Allermeeschten eigentlech och net dee Beruff do gewielt hunn, fir deem awer esou gutt wéi méiglech finalement kënne gerecht ze ginn.

Dat sinn innerhalb vun zwee Joer, Här President, dach d'äitlech Efforten, déi d'Regierung hei mécht. Wa mer kucken, datt bis ewell dee ganze Rayon vun der Éducation différenciée den 1. Januar 2017 560 plein Poste waren, wa mer déi doten elo zesummerechnen, da si mer bal op 300 Posten, déi nach eng Kéier do derbäikommen, innerhalb vun zwee Joer, also eng Augmentatioun vun iwwer 50%.

Dat beschreift awer och nach eng Kéier dee considerablen Effort, deen d'Regierung hei gemaach huet; beschreift awer och nach eng Kéier, jo, deen Effort, deen noutwendeg war, well mer gemierkt hunn, datt mer eigentlech an der Vergaangenheet ganz staark Penurie gëréiert hunn, och an deem doten Domän, datt et net ëmmer nëmmen esou war, datt gekuckt ginn ass, wivill Stonnen Hëllef dat Kand do opgrond vu sengem extrae Besoin brauch, mä wivill Stonnen Hëllef iwwerhaapt do sinn, fir ze verdeelen, an da gekuckt ginn ass, datt déi op déi eenzel Kanner verdeelt gi sinn.

An ech denken, datt dat - an dat ass kaum de Mëtten hei ugeklongen -, datt dat déi gréisste Revolutioun, op jidde Fall dee gréisste Schratt no vir ass, datt mer mat dësem Gesetz och e Prinzip vun engem Contingent définéieren, esou wéi mer an der Grondschoul an am Secondaire kucken, wivill Schüler mer hunn, déi mer mussen encadréieren, an och hannendrun da kucken, wivill Enseignantë mer brauchen. An an Zukunft ass et och am Domän vun de Kanner mat extrae Besoinen esou, datt mer kucken, wivill Kanner mat extrae Besoinen mer hunn, och hiren extrae Besoin kucken, an do gëtt et international Normen, un déi mussen mer eis an Zukunft och halen, an dann och deementspreechend ausrechnen, wivill kompetent an a wat fir eng Richtung geschoult Personal mer do brauchen. Ënner anerem wäert och dat geregelt ginn an deene groussherzogleche Reglementer, déi mer an deenen nächste Wochen effektiv kënne och ganz gären an der Kommissioun nach eng Kéier presentéieren kommen.

Et ass méi komplex, wéi et an der Schoul ass, well mer hei wierklech ganz ënnerschiddlech Besoinen hunn, ganz ënnerschiddlech Pathologien hu vun de Kanner. Mä et ass méiglech. An ech setze wierklech drop, datt mer doduerjer an eng Situatioun net méi sollen erakommen, wéi mer haut sinn oder an de leschte Jore waren, datt mer wierklech Penurie do geréiert hunn.

Et ass jo schonn esou, datt, wa mer kucken, wéi mer mat de Kanner mat extrae Besoinen an der Schoul ëmginn, an eisem Bildungssystem ëmginn, da gesi mer eigentlech och, wat fir e Land datt mer sinn a wéi mer de Mënsch gesinn a wéi mer deen Eenzelen an eisem Land gesinn. An do, mengen ech, si mer eis allegueren eens, datt mer alles mussen maachen, fir déi néideg Ressourcen dann ze fannen, bis un déi Limiten ze goen, an och dat ass de Mëtten hei ugeschwat ginn, un déi mer vläicht stousen, fir kompetent Personal an där doter Stéckzuel, och an deem enk gestréckten Zäitraum, kënnen ze fannen.

Ech muss awer soen, datt déi Messagen och gehéiert ginn, datt ganz vill oder d'äitlech méi Jonker momentan op den Universitëten, op den Héichschoulen ënnerwee sinn am Beräich vun der Sonderpädagogik, well se och de Message verstanen hunn, datt Opportunitéiten do sinn, datt wäert rekrutéiert ginn, d'äitlech méi wéi an der Vergaangenheet. Soudatt mer do, och wa mer haut vläicht nach net dat doten alles tel quel kënne besetzen, dach an den nächste Jore kënnen op méi kompetent Personal zréckgräifen.

Mir bleiwen derbäi, datt d'Eltere finalement de Choix sollen hunn. An ech sinn d'accord mat deenen, déi d'Gefill ausdrécken, och de Mëtten hei, wéi och vill betreffen Eltere mer dat ëmmer nees gesot hunn, datt et zwar en theoretesche Choix ass, mä datt een effektiv d'Gefill huet: „Kann ech hei wierklech wielen? Op där anerer Säit weess ech net, ob d'Schoul prett ass, gewëllt ass, d'Moyenen huet, fir da wierklech an der Inklusioun alles ze maachen, datt et mengem Kand do gutt geet an et all s'äi vollt Potenzial kann developpéieren.“

Ech verstinn dat, well mer d'Penurie geréiert hunn. An duerfir war meng éischt Prioritéit, datt mer an deem doten Domän kucken, fir där theoretescher Méiglechkeet vum Choix kënne

gerecht ze ginn, fir datt et wierklech eng Wahl-méiglechkeet ass, datt mer d'Schoul prett maachen, fir och mat all Kand, mat deenen ënnerschiddleche Besoinen, kënnen an der Schoul ze schaffen. Soss bleift et ebe just e Choix um Pabeier.

Ech soen awer gläichzäiteg, an dat ënnerscheet mech vläicht vun deem engen oder aneren, deen eppes an den Avisen och ausgedréckt huet, och mat deem, wat de Mëtten hei a Form vun der Erfahrung an Italien zum Ausdrock komm ass, dat ënnerscheet mech awer: Ech denken, datt, wa mer den Elteren de Choix wëlle ginn, da solle mer hinnen en och loossen an och de Choix respektéieren fir eng spezifesch Schoul, eng aner Schoul, an anere Modell. Mir sollen déi eben net zoumaachen an net aus enger, sief et enger ideologesch begrënnter Vue oder enger aner begrënnter Vue soen: „Dat doten, dat wëlle mer net méi.“ Da solle mer kucken, datt deen ee Choix respektéiert gëtt an deen anere Choix respektéiert gëtt an datt se alle béid, déi béid Méiglechkeeten a gudder Qualitéit um Terrain mam Kand kënnen exekutéiert ginn.

D'Erfahrung, och déi politesch Erfahrung, déi gemaach ginn ass, zum Beispill an Nordrhein-Westfalen, déi deen dote Wee wollten aschloen, fir sämtlech Sonderschoulen a ganz kuerzer Zäit zouzemaachen an ze soen: „Mir gi souwuel dat sonderpädagogesch geschoult Personal an d'Regelschoul wéi och déi Kanner an d'Regelschoul“, huet gewisen, datt dat awer net ëmmer am Interessé vun all de Kanner ass an datt et och politesch net ëmmer de gewünschte Wee ass.

D'Madamm Josée Lorsché huet ënnerstrach, datt dëse Projet de loi op der Behënnerte-rechtskonvention vum der UN baséiert. Esou gesi mir et och. Mir wëssen, datt et aner Stëmme gouf, déi sech am Debat och hei bemierkbar gemaach hunn. Ech deelen awer do zu 100% och den Avis vum Conseil d'État, deen, mengen ech, nach eng Kéier ganz kloergemaach huet, datt mer hei e gesamte Schoulsystem hunn, deen alles mécht, fir Kanner mat extrae Besoinen eng optimal Beschoulung och kënnen ze erméiglechen an hiert vollt Potenzial kënnen ze developpéieren. Et ass dat, wat gefuerdert gëtt. An och do dem Kand a virun allem den Elteren d'Méiglechkeet ze ginn, ze decidéieren, a wat fir enger Struktur datt dat dote méiglech ass, dat stärke mer jo nach eng Kéier, wéi ech elo grad probéiert hunn ze erklären.

Déi Kompetenzentren, déi mer brauchen, déi wäerte sécherlech net an alle Fäll, esou wéi se et haut net si fir déi fënnf besteeënd och, muer esou sinn, datt dat zentral Schoule wäerte si fir Kanner mat enger bestëmmter Typologie vun engem Besoin.

Beim Kompetenzzentrum fir Léier, fir d'Apprentissagen zum Beispill gesinn ech net, datt mer muer do Klassen opmaache fir Kanner mat deenen eenzelen „Dys“-Problematiken. Ech gesinn, datt mer do eng Struktur hunn, déi kompetent ass, déi héichgradege kompetent ass, fir den Enseignanten an der Klass, de Schüler an hirer Schoul kënnen ze hëllefen, déi Methoden entwéckelen, déi och berodend tätég sinn, déi coachen um Terrain, déi och der Politik kënne soen: „Do oder do mussen mer nach méi maachen, well mer vläicht d'Methoden oder d'Material net hunn.“ An esou wäert et och bei deenen anere Kompetenzzentren sinn.

Et gëtt der awer och haut, wou mer eng zentral Beschoulung hunn. Mir kennen déi. An ech mengen, datt mer déi och an nächster Zäit nach wäerte brauchen. Ausser mer gesi wierklech, datt d'Eltere ganz massiv an eng aner Richtung do wëlte goen.

Déi nei Kompetenzzentren, déi dräi nei - also dee fir d'Apprentissagen, dee fir de sozioemotionalen Developpement an och dee fir déi Kanner, déi eng Héichbegabung hunn -, decken awer dräi schwartz Lächer, déi mer bis elo an eiser Bildungslandschaft haten, zou. A mir hunn awer ganz vill Leit gehat, déi mat vill Misär a vill Verzweiflung no Hëllef gesicht hunn a se hei net fonnt hunn, déi op Plazen heiansdo deiert Geld hu misse bezuelen, déi an d'Ausland gaange sinn, déi vun enger Gemeng an déi aner geplënnert sinn, well et do emol eng Kéier e Projet gouf, deen op vill guddem Wëllelen da baséiert huet. An ech mengen, datt mer hei de Grondstee leeën, fir landeswäit déiselwecht kohärent Prise en charge ze kréien, fir all Kand. An dat si mer finalement all Kand schëlleg.

Här President, Dir sidd de Mëtte schonn eng Kéier zitéiert ginn. Ech wëll lech nach eng Kéier zitéieren.

► **Une voix.**- Lues! Macht lues!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Net eppes, wat Der an der Effentlechkeet gesot hat,

mä eppes, wat Der mir eng Kéier an engem Telefongespräch gesot hutt.

(**Brouhaha**)

Et gëtt elo net ze vill intim. Freet lech net direkt!

(**Hilarité**)

Et war e Samschdegmoien. Dee Samschdeg, wou d'Fondatioun vum Grand-Duc a vun der Grande-Duchesse den Dys-Forum um Kierchbiereg organiséiert huet. Et war kuerz viru Mëtteg. An Dir hutt mer ugeruff a gesot: „Claude, ech mengen, du muss heihinnerkommen. Hei brennt et.“ Ech hu gesot: „Jo, ech sinn de Mëtten do.“ An Dir hutt mer e bëssen erkläert, wéi d'Stëmmung do war. An et war eng Stëmmung vun Hëlleflosegkeet, vun Opgereegtheet, vu Frustratioun par rapport zu deem, wat alles net geklappt huet.

An ech sinn och mëttes dohinnerkomm an ech hunn dat, wat mer de Mëtten alles hei diskutéiert hunn, um lokale Plang, um regionale Plang an iwwert d'national Kompetenzzentren, dee Plang do presentéiert. An ech hu gespuert, datt e bëssen Hoffnung opkomm ass. Datt Skepsis do war, well gefaart ginn ass: „Deen doten huet eis elo hei eppes Schéines erzielt, mä et kënnt awer net esou.“ Nun, ech si frou, datt et haut esou komm ass.

Ech sinn och frou, datt grad d'Grande-Duchesse duerch hiren Asaz och am Beräich vun der Dys-Problematik viles a Bewegung bruecht huet, op déi Problemer och opmierksam gemaach huet. An duerfir wäert ech der Regierung proposéieren, datt de Centre de compétences pour le développement des apprentissages „Centre pour le développement des apprentissages „Grande-Duchesse Maria Teresa“ wäert heeschen, fir och deen Engagement nach eng Kéier ganz kloer ze honoréieren.

Eng aner Neierung, dat ass déi vun der Agence de transition fir Jonker, déi aus deem doten Domän erauskommen, fir matzäiten - an dat ënnerscheet schonn d'Aufgabegebitt vun deem vun der Administration de l'emploi - op den éischten Aarbechtsmaart, den zweeten oder op e protegéierten Aarbechtsmaart kënnen hinzeféieren, ze kucken: Wat ass d'Potenzial? Wat sinn déi Kompetenzen, déi een och an den Dëngscht vun engem Patron dobaussen oder an engem protegéierte Secteur kann en valeur setzen; Kontakt maachen, éischt Kontaktpunkte knäppen, wou een deen anere kenneléiert, ier een eigentlech herno um Aarbechtsmaart ass an dann eréischt eng ADEM kann iwwerhaapt emol aktiv ginn.

Ech denken och, datt dat e ganz grouse Fortschritt ass; virun allem, well mer nach eng Kéier d'Alterskategorien eropgesat hunn, fir déi mer an dësem Domän tätég sinn, ass dat doten eigentlech eng éischt Noutwendegkeet.

Et ass hei - an dat géif ech awer nach bei menger knapper Zäit, Här President, kuerz wëlle korrigéieren - gesot ginn, mir hätte 50% méi Kanner an der Éducation différenciée elo iwwert déi lescht Joren. Dat stëmmt esou, jo. Wann een dat kuckt, da muss een awer kucke goen, duerch wat et ass.

Wa mer elo d'Alterskategorien nach eng Kéier eropsetze ginn a soen: „Et geet elo bis 18 Joer“, da soen ech lech schonn, datt mer der och an Zukunft wäerte méi hunn. An dat ass eng Explikatioun, firwat mer an deene leschte Joren dann och méi Kanner an der Éducation différenciée haten; awer och well d'Offer ausgedeeent ginn ass. De Gros dovunner, dat si Kanner, déi eng Prise en charge hu vum Centre de logopédie; net am Zentrum selwer, a regionalen Antennen, an de Schoulen, am Cycle 1.

An déi Offer huet eigentlech bis elo nach guer net bestanen. Dat heescht, wa mer hei just kucken a mer probéieren, fir d'Zuel vun deene Kanner do méiglechst kleng ze halen, fir datt ech ka soen: „Ech glänzen domadder international an iergendwelleche Statistiken“, da géif ech op där anerer Säit de Kanner eng Méiglechkeet ewechhuelen, virun allem hei fréi an héich kompetent Ennerstëtzung ze kréien; wou mer jo awer allegueren wëssen, datt et grad dat ass, wat mer mussen maachen. Do mussen mer also e bësse méi genau hikucken.

Et ass och Bewegung am Dossier, wat den Transport ubelaangt. Do ass de Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen amgaangen, eng App ze entwéckelen, wou herno souwuel d'Eltere wéi och deen zoustänneg Kompetenzzentrum eigentlech permanent wëssen, wou de Schüler drun ass.

Mir hu scho vill doriwwer diskutéiert. An ech deelen eigentlech déi Kriticken hei, déi och vun der Madamm Mergen geäussert goufen. An ech hoffen, datt mer domadder awer d'Qualitéit vun deem Transport an och d'Prise en charge während dem Transport nach eng Kéier d'äitlech verbessert kréien.

Och de Mediateur wäert eng Roll hunn, jo, virun allem, an och dat ass gesot ginn, datt een oft d'Gefill huet, déi geballte Resistenz vun de Schoulen a vun den Akteuren an der Schoul, déi spillt do, fir d'Kand awer finalement an eng aner Struktur ze kréien. An do brauche mer een, deen Uspriechpartner ass, deen Ulafstatioun ass an deen och de Schoulen, hire Responsablen, dem Direkter oder den Direktiounen heiansdo seet: „Do hutt Der eigentlech Är Aufgab net erfüllt.“ An och de Minister kann dorobber opmierksam maachen. Duerfir erwaarden ech mer dovunner och ganz, ganz vill.

Nun, et bleift nach vill ze soen. Dat heiten ass e ganz considerabele Schrëtt a Richtung vun der Inklusioun. Mir setze Moyenen zur Verfügung, fir datt Inklusioun um Terrain iwwerhaapt ka stattfannen a ka fonctionnéieren. Mir wäerten dat an enger realistischer Manéier maachen. Et ass, denken ech, och well mer dat Gesetz vun der Éducation différenciée zanter de leschte 45 Joer - zanter de leschte 45 Joer! - net grondleeënd ugepaakt hunn, awer en historesche Schrëtt, dee mer hei maachen. An ech si ganz d'accord, datt et net nach eemol soll 45 Joer daueren, bis een en nächste Schrëtt a Richtung vu weiderer Verdwéierung vun der Inklusioun ka maachen.

Duerfir wëll ech, Här President, zur Motioun nach just soen, datt ech vläicht mat e puer Ännerungen, mä déi kënnen herno vläicht am Plenum nach eng Kéier diskutéiert ginn, eigentlech mat deem, wat gefuerdert gëtt vun der Regierung, och averstane sinn. Hei ass et esou, datt mer schonn e Gesetz gestëmmt hunn an haut de Mëtten nach eng Kéier wäerte stëmmen. An natierlech maache mer alles, fir dat ëmzesetzen. A mer hunn absolutt kee Problem, och no engem rasonablen Delai nach eng Kéier ze kucken, wat et wierklech bruecht huet, wat seng Effete sinn a wou mer mussen nobesseren.

Villmools Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, wann Der scho wëllt déi Ännerungen proposéieren, da wär dat, mengen ech, dee richtige Moment.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Dat kann ech ganz gäre maachen.

Et ass am - 1., 2., 3., 4. - 5. Paragraf. Do, denken ech, datt mer eis éischter eens géife ginn, wa mer do den zweeten Deel vum Saz ganz géife sträichen. An an deem Paragraf duerno «un premier pas» géifen ersetzen duerch «un pas important vers une réelle inclusion».

Mir sinn eis eens, datt Inklusioun en Zil ass, dat mer vläicht och iergendwann nach net erreicht hunn, mat allen aneren Efforten, déi nach ze maache sinn, an datt et weider Schrëtt an déi dote Richtung muss ginn. Mat all deem aneren, wat vun der Regierung gefuerdert gëtt, wéi gesot, kann ech ganz, ganz gutt liewen. Ech fannen dat absolutt rasonabel a géif d'Chamber do eigentlech och ëm Zoustëmmung bidden, wann d'Auteure vun der Motioun d'accord wäeren, déi Ännerungen unzuehuelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech kréie signaliséiert, dass do en Accord ass, mä mer géife fir d'Éischt ofstëmmen an da vläicht zur Motioun kommen.

Mir wäeren da prett, fir iwwert de Projet de loi 7181 ofzestëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7181 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. A fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

56-mol Jo, bei 2 Abstentionen. Domat ass de Projet de loi 7181 adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7181 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Nancy Arendt (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Gilles Roth), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina





Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

**Motion 1**

A mer géifen zur Motioun iwwergoen.

Wëllt nach ee vun de Kolleegen dozou Stellung huelen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Ech hu signaliséiert kritt gehat vun der Madamm Mergen, respektiv wann dat offiziell nach soll...

Den Här Mosar?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech hu kee Problem mat der Ofstëmmung.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah, okay. D'Auteurs vun der Motioun sinn d'accord mat deenen Annerungen, hat ech vun der Madamm Mergen signaliséiert kritt.

► **Plusieurs voix**.- Jo.

**Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

- *rappelant que conformément aux dispositions de la Convention des Nations Unies relative aux droits des personnes handicapées, le Luxembourg poursuit à long terme le développement d'une société inclusive, au sein de laquelle les personnes handicapées pourront exercer leurs droits à tous les niveaux;*

- *notant que le but initial du projet de loi est de promouvoir l'inclusion scolaire et la formation des élèves à besoins éducatifs spécifiques;*

- *notant que l'éducation nationale doit continuer à s'engager progressivement sur la voie de l'école inclusive;*

- *notant que l'école inclusive s'inscrit dans une logique d'accessibilité universelle, dans laquelle l'enseignement spécialisé est envisagé comme une mesure subsidiaire;*

- *considérant que le système initié par le projet de loi innove sur certains points permettant une meilleure prise en charge des enfants concernés;*

- *constatant dès lors que le projet de loi n'est qu'un pas important vers une réelle inclusion;*

- *notant que les dispositions prévues dans le projet de loi sont complexes et difficiles à suivre pour des personnes non averties,*

*invite le Gouvernement*

- *à suivre étroitement la mise en œuvre des mesures proposées,*

- *à présenter à la Chambre des Députés au plus tard trois ans après la mise en vigueur de la loi y relative une évaluation de l'efficacité des nouveaux instruments eu égard à une meilleure inclusion,*

- *à multiplier les initiatives de sensibilisation envers une école inclusive,*

- *à considérer d'inclure dans le curriculum du personnel enseignant la formation à l'éducation inclusive et à sa mise en œuvre,*

- *à mettre à disposition du public un guichet d'information pour guider les parents et les élèves majeurs dans les procédures.*

(s.) Martine Mergen, Diane Adehm, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Zeimet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sidd Der d'accord, fir mat Handophiewen iwwert d'Motioun ofzestëmmen?

(Assentiment)

**Vote sur la motion 1 modifiée**

Wien ass dermat d'accord?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Motioun 1 ass unanime ugeholl. Merci.

A mer géifen dann zum nächste Projet iwwergoen: de Projet de loi 7203, eng Ofännerung vum neie Code de procédure civile. An d'Madamm Sam Tanson huet d'Wuert als Rapportrice.

**9. 7203 - Projet de loi complétant le Nouveau Code de procédure civile en vue de l'introduction d'un titre Vllbis relatif à la conversion de l'ordonnance européenne de saisie conservatoire des comptes bancaires émise sur base du règlement (UE) n°655/2014 en saisie exécutoire des comptes bancaires**

**Rapport de la Commission juridique**

► **Mme Sam Tanson** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Jo. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir proposéieren lech haut zum Vott e Projet, deen effektiv den NCPC modifizéiert, an zwar méi genau d'Prozedur vun der Saisie. Mir hunn haut schonn eng Lëtzebuurger Prozedur vun der Saisie; „Saisie-arrêt“ heescht déi, déi déi Prozedur regelt, wann ee Creancier ass an et muss ee Sue recuperéieren. Da kann ee vis-à-vis vun enger Bank eng Saisie maachen, fir eben déi Suen ze blockéieren an dann herno liberéiert ze kréien.

Mir hunn och en europäescht Reglement zënter zejoert, wat op europäeschem Niveau d'Saisie reglementéiert. An et huet sech bei der Applikatioun vun deem Reglement erausgestallt, dass et Problemer gëtt vun deenen zwou Phasen, déi eng Saisie normalerweis huet. D'europäesch Saisie berëfft sech exklusiv op déi sougenannt „Phase conservatoire“, dat heescht, déi Phas, wou d'Sue blockéiert ginn.

An am Lëtzebuurger Recht sinn awer déi zwou Phasen, dat heescht d'Phase conservatoire an d'Phase d'exécution, e bësse méi vermëscht, soudass ee scho muss Akte vun der Phase d'exécution während der Phase conservatoire huelen. Doropshin ass dann decidéiert ginn, eng spezifesch Prozedur an eise NCPC virzugesinn, fir eben déi Phase d'exécution och ze regelen an Applikatioun vun deenen europäesche Saisien.

De Projet ass de 6. November 2017 deposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 20. Mäerz 2018 ofginn. D'Regierung huet eng Rei Amendementer de 14. Mee 2018 ofginn. De Statsrot huet e complementairen Avis den 29. Mäerz 2018 eraginn.

(Interruption par la présidence)

Merci fir Är Ënnerstëtzung, Här President.

A während der Reunion vum 6. Juni 2018 sinn ech als Rapportrice designéiert ginn.

Et sinn eng Rëtsch Avisen zu dësem Projet erakomm: vum Ordre des avocats, vun der Cour supérieure de justice, vum Tribunal vu Lëtzebuerg, vum Tribunal vun Dikrech, vun der Justice de paix vu Lëtzebuerg, vun där vun Esch, vun där vun Dikrech an och vun den Dierwiechter. Allgemeng si virun allem technesch Saachen dozou gesot ginn, wat notament d'Fro vun de Fraisen ubelaangt an och nach d'Roll vum Dierwiechter. Ech komme ganz geschwënn eng Kéier kuerz dorobber zrëck, well hei schonn e Changement vun der Funktioun vum Dierwiechter mat an d'Spill kënn.

An dann zwou e bësse méi fundamental Froen. Dat Éischt ass déi: d'Ursaachen, déi kënnen opgeworf gi vum Debituer, fir d'Conversion vun der Saisie ze evitéieren. An dat Zweet ass déi vum double Degré de juridiction. Et ass elo hei an där heiter Phas vun der Prozedur keen zweeten Degré de juridiction méi virgesinn.

Dësen zweete Punkt ass net geännert ginn, well mer der Meinung sinn, dass d'Reglement ganz detailléiert a ganz vill Moyene virgesäit, fir kënnen géint d'Saisie virzuegoen, dass also dat heite wierklech den Endstadium vun der Prozedur ass, wou net nach eng Kéier muss en double Degré de juridiction virgesi ginn.

Wat allerdéngs geännert huet opgrond vun den Avisen, sinn d'Ursaachen, déi kënnen virbruecht ginn, fir deen Acte de conversion kënnen ze evitéieren.

Voilà! Ech ginn eng Kéier kuerz duerch déi Haaptännerungen.

Et ass en neien Titre elo am NCPC, am Nouveau Code de procédure civile. An der éischter Partie, Livre VII, dat ass den Artikel 718-1, dee regelt op dem éischte Volet virun allem, wéi de Creancier säin Acte de conversion muss dem Tiers saisi, also der Bank, zoustellen. E regelt awer och, wat alles muss do derbäileien natier-

lech an dass eng Kopie dovunner dem Debituer muss zougestallt ginn.

An dann, an dat ass eben déi e bësse Neierung an eise Recht: Den Debituer huet da 15 Deeg Zäit, fir ze contestéieren. An déi Contestatioun, déi gëtt beim President vum Tribunal d'arrondissement wéi en matière de référé evakuéiert. Mä virun allem gëtt d'Contestatioun dem Dierwiechter zougestallt. Den Dierwiechter kritt hei eng speziell Roll. Hie kritt d'Contestatioun vum Acte de conversion zougestallt. An hien ass och deen, deen herno muss e Certificat établieren, fir duerzeleeën, ob esou eng Contestatioun erakomm ass oder net.

Wa keng esou Contestatioun erakomm ass, da ginn d'Sue vum Tiers saisi ausbezuelt. Wann eng Contestatioun erakomm ass, da gëtt déi eben och erëm evakuéiert.

Voilà! Dat sinn u sech déi Haaptmodifikatiounen, déi elo an eise NCPC kommen.

Ech soen lech Merci fir Är Attention.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. Wuertmeldungen hunn ech vum Här Gloden.

**Discussion générale**

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen der Rapportrice Merci fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport.

En technesch Projet de loi. Et ass net déi éischte Kéier, dass mer iwwert dat Reglement schwätzen. Mir hu schonn eng Kéier iwwert dat Reglement geschwat, wou d'CSSF d'Kompetenz krut, fir de Leit matzedeelen, wou Konte bei de Banke sinn, wann et en transfrontalier Litige (vauillez lire: Litige transfrontalier) ass. Hei gëtt elo eng Vereinfachung vun der Prozedur och gemaach am Kader vun enger Saisie europäenne conservatoire.

An d'CSV gëtt heimadder den Accord zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Jo, Merci un d'Madamm Tanson fir hire gudden Rapport. Si huet dat hei ganz ausféierlech a kloer explizéiert.

Et ass effektiv, wéi de Léon Gloden elo just sot, e Projet de loi, deen u sech d'Gesetz vum 17. Mee d'lescht Joer komplettéiert - ech war Rapporteur vun deem Projet -, wou mer schonn d'europäescht Reglement 655/2014 an eist Recht ëmgesat hunn, mat dem Mécanisme de notification duerch d'CSSF.

An hei ass et esou, dass mer eben elo mat dësem Gesetz vläicht eng kleng Incertitude oder Insecuretéit clarifiéieren, wat eben d'Phase exécutoire ugeet, duerch eben dee Mechanismus vun där Mise en conformité.

Et ass, mengen ech, eng gudd Reform, well si ass an der Linn vun ännlechen europäesche Regularien, wéi notament deem iwwert d'Injonction de payer, dem Reglement petits litiges. Dat sinn am Fong alles Regelwierker, déi et erméiglechen, haaptsächlech an transfrontaliären Transaktiounen méi schnell kënnen u säi Geld ze kommen. Dat ass jo haaptsächlech interressant an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg, wou et vill där Transaktiounen do gëtt. An duerfir ass dat och gudd an ze begreifen.

Et ass nach ee Commentaire am Avis vum Statsrot, deen een hei vläicht ka mentionnéieren, deen interessant ass. De Statsrot recommandéiert a sengem Avis, fir driwwer nozedenken, ob een déi zwou Prozeduren, déi national Prozedur vun der Saisie-arrêt, net wëllt vläicht harmoniséieren oder alignéieren op déi europäesch.

Ech mengen, dat hätt effektiv de Meritt, déi Matière hei e bësse ze simplifiéieren. Et wär dann an deem Moment kloer, dass déi national sech misst op déi europäesch alignéieren, mä, ech mengen, dat wär op alle Fall e Gedanke wäert.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D'Madamm Beissel.

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Merci, Här President. Och vun eis de Merci un d'Madamm Rapporteur Sam Tanson fir hire gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, meng Virriedner hunn et scho gesot: Mir sinn amgaangen ze versichen, déi europäesch Legislatiounen, wa mer se schonn net harmoniséiert kréien, op d'mannst méi no beieneen ze féieren, ze rapprochéieren. Dat mécht näamlech ëmmer nëmme Sënn. An et gëtt och eng besser Sécurité juridique, wann all d'Leit, déi dorëmmer reesen, sougutt d'Crean-

ciere wéi d'Debiteuren, wëssen an deem Land, wou se grad schaffen, wéi d'Regele sinn.

D'Simplificatioun ass hei wëllkomm. Wéi gesot, de Franz Fayot huet et scho gesot, mir hate schonn en éischte Projet, dee mer d'lescht Joer ugeholl hunn oder dee schonn an déi Richtung geet.

Wat ech ganz wichteg fannen, dat ass déi nei Roll, déi elo den Dierwiechter hei spillt. Dee muss d'Notification vum der Contestatioun kréien, well déi vun lech, déi mat Saisien ze doen haten, déi wësse ganz oft, dass et meeschtens drëm geet, fir de Huissier opzehalen, dass deen net ze vill schnell schafft, fir ebe just, dass deen net schonn hei dem Tiers saisi den Uerder gëtt, wat jo meeschtens d'Bank ass, fir schonn ausbezuelen. A wann den Dierwiechter Bescheed weess an e gëtt e bësse gebremst, dat ass ëmmer e weineg eng Sécurité fir den Debituer.

Mat dem double Degré de juridiction hunn ech ganz liicht awer reng theoretesch Bedenken, well ech e grouse Verfechter dervu sinn a well mer schonn an de leschten 20 Joer mat Momenter international, an notament op dem europäesche Gerichtshaff, mam Ouer geholl si ginn, well den double Degré de juridiction e bësse laxistesche hei zu Lëtzebuerg gehandhabt gëtt.

An dëser Prozedur mécht et awer Sënn, well hei ass trotzdem eng bestëmmte Rapiditéit d'Beispill vun Effikasitéit. Et muss een elo kucken: Wann een eng Kéier drun denkt, fir do eng Kéier dergéint e Recours ze maachen, da kann een dat jo à la limite nach nobesseren. Mä jiddefalls ass et eng ganz gudd Reform. An ech ginn hei den Accord vun der DP.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech hunn am Moment keng weider Wuertmeldungen. Da géif ech dem Här Justizminister d'Wuert ginn.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech kann och ganz kuerz sinn. Ech wëll mech de Mercien un d'Adress vun der Rapportrice uschlëssen, och déi ganz Kommis-siounen dran abannen.

Ech wëll just kuerz op den Här Fayot reagéieren, deen déi Suggestioun vum Statsrot nach eng Kéier soulevéiert huet. Ech mengen, dass déi Suggestioun duerchaus pertinent ass fir déi zwou Prozeduren, déi vun der nationaler Saisie-arrêt an déi europäesch, op Basis vum Reglement méi no beieneen ze bréngen. Ech mengen awer och, dass et richtig war, dass mer dës Reform elo direkt gemaach hunn, dass mer also déi weiderféierend Reflexiounen an enger zweeter Etapp nëmme maachen.

Dëst Gesetz, mengen ech, war séier noutwendeg, dass mer de Vott haut kënnen huelen. Et ass duerfir ganz gudd. Dat komplettéiert op deem Punkt vun der europäescher eisen Text. Deen ass och elo kloer. E gëtt all de Parteien - dem Debituer an dem Creancier, an de Banken - d'Garantien, wat d'Prozedur betrëfft, dass och näischt ka schifgoen. Duerfir, mengen ech, et ass wuel derwäert, iwwert déi weidergeend Reform nozedenken. Mä dass mer dat heite virgezunn hunn a méi séier ofgehaakt hunn, mengen ech, ass awer richtig.

Dat gesot, Merci fir Äre Vott.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

A mir géifen dann iwwert de Projet de loi 7203 ofstëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7203 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. De Projet de loi 7203 ass mat der Unanimitéit vu 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi,